



► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och der Madame Mergen. D’Konklusioun vum der Kommissioun si ganz kloer an deemno därfer den Här Wagner säi Mandat untrieden, wann d’Chamber mat deene Konklusiounen d’accord ass?

**(Assentiment)**

Dat schéngt de Fall ze sinn.

Da géif ech lech bieden, den Här Wagner era-kommen ze loossen.

E schéine gudde Mëtteg!

**Prestation de serment et discours de M. David Wagner**

Här Wagner, ech géif lech bieden, elo mat mir den Eed op d’Verfassung ze leeschten, esou wéi en am Artikel 57 vun der Verfassung virgesinn ass. An do heescht et, wéi folgt: «Je jure fidélité au Grand-Duc, obéissance à la Constitution et aux lois de l’État.»

Hieft wann ech gelift déi riets Hand an äntwert mat engem: «Je le jure.»

► **M. David Wagner (déi Lénk).** - Je le jure.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Domat ginn ech lech Akt vum Eed. An ech ginn lech direkt d’Wuert, nodeem ech lech am Numm vun Äre Kollegeen häerzlech félicitéiert hunn. Här Wagner, Dir hutt d’Wuert.

► **M. David Wagner (déi Lénk).** - Här President, léif Kollegeinnen a Kollegen, Dir Dammen an Dir Hären, mäi Mond ass nach e bëssen dréchen, ech mengen, an deenen nächste Méint wäert sech dat besseren. Ech hoffen emol.

Och wann et mir eng grouss Éier ass, dem Justin Turpel seng Nofolleg an der Chamber ze iwwerhuelen, maachen ech dat och mat gemëschte Gefiller, well de Justin huet d’Lat därmoossen héich geluecht, datt ech et emol guer net woen, mech mat him ze vergläichen.

Ech konnt erliewen, an net nëmme währenddeem hien an der Chamber souz, wou ech fir hien an och fir de Serge geschafft hunn, datt de Justin immens villes hikritt. Eng Saach awer kann ech, déi hie guer net kann: sech schoulen! An dofir muss Der domadder rechnen, datt ech wahrscheinlech mäi Mandat bis zum Enn ausféieren.

**(Hilarité)**

Déi Ried, déi ech elo hei halen, hätt ech jo am Prinzip missen an engem Joer halen. Den Zeenario war jo deen, datt déi zwee Greenhorns, also de Marc Baum a meng Weínegkeet, déi zwee méi erfueren Deputéiert simultan hätten ersetze sollen, also an der Halschent vum Mandat, esou wéi eis Statuter an der Lénker dat virgesinn. Dat ass elo net de Fall.

Dat huet awer den Avantage, den Iwwergang méi soft ze gestalten, well ech nach zesumme mam Serge ee Joer laang d’Chambersbänk drécke kann a vu senger Experienz profitéiere wäert. An doriwwer freeën ech mech wirklech, quitte datt ech mech och net mat him vergläiche kann, well déi Lénk mécht mir definitiv d’Liewen net einfach.

Här President, ech sinn ee vu ville lénks engagéierte Mënschen, mä ech géif hei ganz weíneg vertrieiden, wann et net déi Honnerten, wann net Dausenden, vu fortschrëttlech denkenden, handelnden an/oder engagéierte Mënsche géif ginn. Ouni all déi Mënsche géif keen Deputéierte vun déi Lénk hei sëtzen oder stoen. Émsou méi freeën ech mech, datt et ëmmer méi där Leit ginn. Dat ass och néideg, well eis neoliberal geprägte Gesellschaft eis erëm zréck an d’Vergaangenheet drot ze katapultéieren.

Déi Mënsche si meeschtens der breeder Öffentlechkeet net bekannt. Mä si setze sech am Alldag an, sief et an enger Gewerkschaft, an enger Initiativ oder an enger Partei. Dat sinn och Mënschen, déi onentgeltlech anere Mënschen an Nout hëllefen, oft einfach Bierger, déi zum Beispill engem Refugie, deem gedrot gëtt, zréck a Biergerkrich, Aarmut oder Diktatur geschéckt ze ginn, hëllefen, hei ze bleiwen. Dat ass vläicht net ëmmer gesetzeskonform, mä et ass moralesch richtig.

Dat sinn alles Mënschen, déi sech fir d’Verbesserung vun der Gesellschaft asetzen, fir haut a fir muer. An déi näischt dofir kréien, kee Geld, seelen Unerkennung, oder souguer Veruechtung säitens der dominanter Kast. Mir sinn et gewinnt, Underdogs ze sinn, awer éischter Tendenz Pitbull, an net Puddel.

Wann een zréck an d’Vergaangenheet kuckt, dann denkt een och un d’Lëtzeburger Spueniekämpfer, déi als alleréisch d’Gefor vum Faschismus erkannt hunn.

Här President, Dir wësst och, vu wat ech schwätzen, well Dir hutt lech jo och staark fir déi Leit engagéiert, an nach aner Leit hei, déi an dëser Chamber sëtzen. Si woren déi éischt Resistenzler, kruten hir Rehabilitatioun awer eréischt viru Kuerzem, virun e puer Joer. Lénker mussen oft domadder liewen, datt hir Engagementer an Erkenntnisser an Errungenschaften oft ganz spët allgemeng unerkannt ginn. Dat ass souzesoen den „Van-Gogh-Syndrom“.

Duerfir wollt ech dës Ried widmen all deene Komerodinnen a Komeroden, bekannt oder anonym, vu gëschter a vun haut, ob Lëtzeburger oder net, déi dofir gekämpft hunn, datt mir et besser hu wéi si. An deenen, déi elo kämpfen, datt et den nächste Generatioun weinstens net méi schlecht geet.

Ech denke speziell och un all déi, déi a Griichenland fir eng besser Zukunft fir hiert Land a fir Europa kämpfen. A Spuenien gouf net nëmme géint de Faschismus gekämpft, mä och géint Groussgrondbesëtzer, déi Cause commune mam Faschismus gemaach hunn. D’Griiche vun haut sinn an deem Sënn d’Spuenier vu gëschter. Si kämpfe géint de soziale Misär an den demokrateschen Ofbau, déi d’Finanzoligarchie, also d’Groussgrondbesëtzer vun haut, hinnen undee.

Mir an der Lénker, mir si solidaresch mat de Griichen, déi kämpfen, mat hirer Regierung, déi kämpft, genauso wéi mir et mat de Spueniekämpfer gewiescht wieren.

Här President, wéi vill Lëtzeburger sinn ech keen, vun deem déi ganz Famill zënter Generatiounen hei zu Lëtzebuerg usäseg war. U mengem Nonumm kann ee meng Lëtzeburger Originen erkennen - déi vu mengem Papp. Heiansdo kann een awer och u menger Aart a Weis, mech auszedrécken, vläicht u menger Syntax, déi heiansdo d’Lëtzeburger Sprooch op linguistescht Neiland mathëlt, wéi meng Komerode mir et heiansdo matdeelen, meng franséisch Originen - déi vu menger Mamm - erkennen.

Ech schwätzen ongär an der Öffentlechkeet iwwer mäi Privatliwen. Ech wäert eng ganz kleng Ausnahm haut maachen, dat gehéiert sech jo och, wann ee sech virstellt, a well et och mäi politesch Engagement vläicht e bëssen erkläert.

Vun aacht Geschwëster ass meng Mamm déi eenzeg, déi déi äusserst aarm a schwéier Verhältnissen vun den Nordvéirele vu Marseille verlooss huet, Enn 70er Joren, fir an deem méi kalen, awer méi räiche Lëtzebuerg ze landen, an dat fir e puer Suen ze verdéngen an dann am Prinzip zréckzufueren. Dunn ass mäi Papp opgetaucht an ech sinn doraus entstanen - do hat Der Pech -, a meng Mamm huet Lëtzebuerg ni méi verlooss.

De Premier sot eng Kéier, et kéim een net als Premierminister op d’Welt. Dat stëmmt och. Et kënnt ee just als Monarch op d’Welt. Et kënnt een och net als Deputéierten op d’Welt. Et kann een awer ganz fréi scho seng politesch Gesënnung entwëckelen.

Vermëscht Originen hunn de Virdeel, datt se engem erlaben, en Abléck an e puer Welten ze kréien. Ech sinn hei zu Lëtzebuerg grouss ginn, an engem modesten, awer confortabelen Émfeld an engem Land, wou grosso modo alles relativ gutt geklappt huet an nach ëmmer gutt klappt.

An da geet ee regelméisseg Famill besichen, déi an der sougenannter „véierter Welt“ leeft, also den Armevéirele vun der industrialiséierter Welt. An als klenge Männche stellt een eppes fest, am Ufank onbewosst: Firwat geet et engem Deel vu menger Famill relativ gutt an deem aneren esou schlecht? Si sinn net méi domm, si sinn net méi faul, si weisen net manner Initiativ - si schwätze méi haart, dat stëmmt.

Firwat also? An esou fänkt een un, lénk ze ginn. Well et versteet een, datt et net vun de Leit ofhänkt, mä vun de politeschen, ekonomeschen a soziale Verhältnissen: d’80er Joren, zumools a Frankräich, net nëmmen do natierlech, ab dem Tournant vun der Rigueur ‘83, dat war de progressive Réckzuch vum Sozialstat: d’Privatiséierungen; de Chômage, dee geklommen ass; Suen, déi feelen, fir d’Habitationen ze ënnerhalen oder souguer d’Rateplo ze bekämpfen.

A schlussendlech, als Konsequenz dovunner, ass et d’Opkomme vum Rietsextremismus. Friemefeindlechkeet geet Hand an Hand mat Sozialofbau a mat ongläicher Verdeelung vum Räichtum. Och Lëtzebuerg bleift dovunner net verschount, quitte datt et nach net an deem Mooss ass. Sozial Diskrepanzen, sozial Onerechtgkeete kommen net vum Himmel gefall. Si sinn de Produkt vun enger Politik, déi bewosst bedriwwen gëtt, an där een, wann ee wëllt, entgéintsteiere kann.

Mécht een dat net, da riskéiert een Deel vun der Gesellschaft, sech un deem „Aneren“

auszeloossen. A Griichenland zum Beispill sinn d’Nazien eréischt da staark ginn, wéi d’Strukturereformen, wéi se genannt ginn, gegräff hunn. A si stagnéieren zurzäit, well SYRIZA Widderstand leescht.

D’Rosa Luxemburg huet gemengt, d’Mënschheet hätt keen anere Choix wéi deen tëschent der Barbarei oder dem Sozialismus. D’Geschicht huet leider bewisen, datt an déiwe Krisenzäiten d’Barbarei méiglech ass. Ech wäert alles drusetzen, soulaang ech genuch Kräften hunn, fir dozou bäizedroen, dem Rosa Luxemburg recht ze ginn, awer dës Kéier ëmgekiert.

Dat gesot, Här President, ech freeë mech trotzdem, fir kënne mat de Kollegeen hei ze streiden. Ech wäert lech heiansdo nerven, dat ass eben esou, an Dir mech vläicht och.

Ech wäert awer just mat lech net streiden, Här President, well ech hu mer soe gelooss, Dir wäert Meeschter iwwer mäi Mikro, an dat ass en Argument.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

**(Hilarité)**

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Wagner.

## 4. Changements de composition des commissions parlementaires et des délégations parlementaires luxembourgeoises auprès des assemblées parlementaires internationales

Ech wollt lech just nach eng Rei vu Change-menter a Kommissiounen an internationalen Institutiounen matdeelen, nodeem den Här Wagner den Här Turpel hei an der Chamber er-setzt.

An der Commission des Comptes, an der Commission des Pétitions, an der Commission du Développement durable, an der Sous-commission fir d’Préparatioun vun engem Débat d’orientation iwwert d’Klimaproblematik an d’Energieproblematik, an der Commission de l’Environnement, an der Fonction-publiques-Kommissioun an an der Commission du Logement gëtt den Här David Wagner Member, grad wéi an der Délégation luxembourgeoise auprès de l’Assemblée parlementaire de l’Union pour la Méditerranée, an der Lëtzeburger Delegation vun der COSAC an an der Lëtzeburger Delegation vum CPI.

Ass d’Chamber mat deenen Ännerungen, dass den Här Wagner jee weils den Här Turpel er-setzt, d’accord?

**(Assentiment)**

Dann ass dat esou décidéiert.

Wéi virdrun ugekënnegt, kritt elo den Här Kartheiser d’Wuert fir den Dépôt vun enger Motioun. Här Kartheiser, Dir hutt d’Wuert.

## 5. Dépôt d’une motion par M. Fernand Kartheiser

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Villmools Merci, Här President. Et geet an dëser Motioun ëm déi aktuell Debatt, fir de Referendum virzubereeden. D’Chamber mécht dat eigentlech ganz exemplaresch, well mir jo an eisen Tables rondes an op Chamber-TV derfir surgen, datt déi zwee Standpunkter vertrauede sinn, de Jo an den Neen. An, ech mengen, mir sinn eis och all eens heibannen, datt mer sollte probéieren, an der Referendumscampagne ëmmer déi zwee Standpunkter gläichberechtigt zur Sprooch kommen ze loossen.

Leider ass et esou, datt a verschiddene Gemengen oder och Schoulen, mä virun allem a Gemengen, dee Standpunkt net ëmmer respektéiert gëtt. Ech mengen, mir kënnen nëmme begrëissen, datt et Gemenge gëtt, déi Informatiounsséancë maachen, fir hire Bierger ze erlaben, sech besser ze informéieren, mä leider muss mer feststellen, datt heiansdo nëmmen eng Säit invitéiert gëtt. Dat wor zum Beispill gëschter Owend zu Betzder de Fall an haut den Owend zu Stroossen.

A mir denken awer, datt mer sollten d’Regierung invitéieren, fir en Appell un d’Gemengen ze richten, datt dat ëmmer soll gläichberechtigt, équitabel sinn, esou wéi et sech an enger Demokratie gehéiert.

An deem Sënn hu mir eng Motioun verfaasst, déi ech lech heimadder därfer iwwerreechen, Här President.

**Motion**

*La Chambre des Députés,*

*- saluant le fait que de nombreuses communes et écoles organisent des séances d’information ou des débats publics en vue du référendum consultatif du 7 juin 2015;*

*- convaincue que de tels débats ou séances d’information doivent se dérouler dans des conditions équitables, équilibrées et démocratiques;*

*- préoccupée par le fait que certaines communes permettent exclusivement aux partisans d’un des deux points de vue de s’exprimer en public;*

*- regrettant que la loi ne prévoit encore aucune procédure ou instance permettant de veiller au respect des principes démocratiques de base dans le contexte d’une campagne référendaire;*

*invite le Gouvernement*

*- à faire un appel aux instances publiques et notamment aux communes et aux écoles de respecter une stricte neutralité dans l’organisation des séances d’information et des débats qu’elles prévoient dans le cadre du référendum consultatif du 7 juin et de toujours veiller à une représentation équilibrée et à un débat équitable entre les deux points de vue;*

*- à saisir la Chambre des Députés d’un projet de loi précisant les modalités et procédures à observer dans le cadre d’une campagne référendaire.*

*(s.) Fernand Kartheiser.*

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. Ech ginn dem Här Kartheiser Akt vum dem Dépôt vun dëser Motioun.

Mir géifen da weiderfueren am Ordre du jour mat dem Projet de loi 6399. Et geet dobäi ëm de Punkteführerschäin. An d’Wuert huet direkt d’Rapportrice, d’Madame Josée Lorsché. An de Rapporteur huet 15 Minuten.

## 6. 6399 - Projet de loi modifiant a) la loi du 14 février 1955 concernant la réglementation de la circulation sur toutes les voies publiques et b) la loi modifiée du 6 mars 1965 concernant les taxes à percevoir sur les demandes en obtention des documents prescrits pour la mise en circulation et la conduite de véhicules

**Rapport de la Commission du Développement durable**

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng), rapportrice.** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, beim Projet de loi 6399, deen ech haut virstellen, geet et ëm d’Modifikatioun vum Gesetz vum 14. Februar 1955, wat d’Zirkulatioun op den öffentleche Stroosse reglementéiert. Mat der Aféierung vum Punkteführerschäin war dëst Gesetz am Joer 2002 schonn eemol modifizéiert ginn.

D’Haaptzil besteet doran, d’Sécherheet op de Stroossen ze erhéijen, duerch eng Verstärkung oder eng Verschäerfung vun de Sanktiounen am Fall vun onverantwortlechem Verhalen op der Strooss. Donieft beinhalt dëse Projet de loi och eng Rei Upassungen um Gesetz vum 1955, wat jo e gewëssen Alter huet a wat net méi an allen Hिसichten zäitgeméis ass. Et kritt mat dësem Projet de loi e klenge Lifting.

De Gesetzesprojet ass an enker Zesummenaar-becht mat der Sécurité routièr, mat dem Automobile Club, der Association des Victimes de la Route, dem Ministère de la Justice, dem Innenministère, dem Parquet an der Police aus-geschafft ginn. Et waren also eng ganz Rei Ak-teuren am Boot. Déposéiert gouf dëse Projet den 21. Februar 2012 vun fréieren Nohaltegkeetsminister Claude Wiseler, vun deem ech géif mengen, dass en et mat dësem Projet net ëmmer einfach hat.

Weínst enger Rei vun Oppositions formelles an der Élaboration vum deementsprechenden Amendementen, mä opgrond vu verschid-den Diskussiounen an der fréierer Nohaltegkeetskommissioun ass de Projet a Ver-zuch geroden. Ech ginn net am Detail op déi Réu-niounen an - an och net op d’Décisionen, déi deemools an der Kommissioun geholl gi sinn.

Kuerz gesot kann ech awer eng kleng Erklärung ginn: Et giong eenzelnen Deputéierte vun der viregter Majoritéit dorëms, d’Sanktiounen, déi ursprénglech am Projet virgesi waren, nees ze entschäerfen. Ech wëll kee Grond nennen. Ech mengen net, dass et mat de Wäifester op der Musel ze dinn hat, mä et weess ee jo ni!

Jiddefalls, no de Wahlen huet déi aktuell Nohaltegkeetskommissioun sech eestëmmeg mam Minister François Bausch drop géenegt, op déi initial Dispositiounen vum Projet de loi zréck-zekommen. An anere Wieder: D’Sanktiounen ginn nees esou streng ausgeriicht, wéi vum Claude Wiseler geplangt war. Méi Detailler zu deene ganzen Aarbechten, déi virun de leschte Wahle stattfonnt hunn, fannt Der an de Procès-verbaux vun den deementsprechende Sët-zun-gen, op déi ech a mengem schrëftleche Rap-port verweisen.

A mengem Rapport fannt Der och e Bilan, deen d’lescht Woch vum Här Minister presen-





téiert ginn ass, oder ech weisen drop hin. Dora fannt Der eng Rei Statistiken a ganz opschlussräich Zuelen an Erkenntnisser. Engersäits ass d'Zuel vun den Accidenter bilanzéiert ginn, anerersäits awer och hir Ursach, déi ganz genee analyséiert ginn ass.

Et huet sech erausgestallt, datt mat 48% d'Vitesse ganz kloer déi Haaptursach vun allen Accidenter ass. Déi zweetheefegst Ursach ass den Alkohol mat 19%. Woubäi ee muss wëssen, datt d'Vitesse an den Afloss vun Alkohol oft zesummekommen. Aus deene Grënn ebe just ass dësen zwee Volete besonnesch Rechnung gedroe ginn, bei der Verschäerfung vun de Sanktiounen, souwuel der Vitesse wéi och dem Afloss vun Alkohol. Woubäi aner Ursachen awer och eng Roll spillen. An och déi wäerten an den Dispositiounen zrëckkommen.

Wat d'Zuel vun den déidlechen Accidenter ugeet, esou sinn dës zënter der Aféierung vun Punkteführerschäin ëm d'Halschent erofgaangen. Dat ass scho beachtlech. Vu wäit iwwer 70 Décèsen am Joer 2000, si se op 35 Décèsen am Joer 2014 reduzéiert ginn. D'Zuel vun de Schwéierblesséierten ass hirersäits vun 380 am Joer 2000 op 245 am Joer 2014 erofgefall. Wat de Beweis eigentlech liwwert, datt de Punkteführerschäin seng Friichte gedroen huet an datt en en effikas Instrument ass, fir d'Zuel vu schwéieren Accidenter ze reduzéieren.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech muss awer och soen, datt dat iewescht Zil natierlech dat muss sinn, d'Zuel vun den Affer am Stroosseverkéier carrément op null ze setzen. Dëst am Kontext vum Plan zéro victimes als eng vun de gréisste Prioritéiten vun eisem Nohaltegkeetsminister. An ech géif mengen, net nëmme vun him.

Domat kéim ech bei déi konkret Dispositiounen vun dësem Projet de loi, deem un Gesetz vun 2002 iwwert d'Aféierung vun Punkteführerschäin baséiert. D'Aféierung vun deem System war deemools net onëmstridden. Nëmmen 39 Deputéiert hunn am Joer 2001 dofir gestëmmt, 19 Deputéiert waren dogéint an een huet sech enthalen. Mëttlerweil géif ech awer mengen, datt den dissuasiven, mä och den éducative System - well e seng Friichte gedroen huet - haut och déi lescht kritesch Geeschter iwwerzeegt huet. Ausser vläicht déi, déi selwer d'Affer gi vun hirem onverantwortleche Fieren a Punkte verléieren. Déi sinn natierlech doriwwer net frou.

Well de System säit dem 1. November 2002 a Kraaft ass an deene meeschte bekannt dierft sinn, ginn ech elo net op all déi Dispositiounen vun Punkteführerschäin an, mä beschränke mech just op déi Moossnamen, déi mat dësem Projet de loi modifizéiert ginn. Méi speziell geet et ëm dräi Voleten.

Éischtens, ëm d'Adaptatioun vun den Dispositiounen am Fall vu Fuerverbuet, déi jo vum Geriicht iwwer eng Interdiction judiciaire kann ausgesprach ginn oder ebe vum Minister iwwer eng Interdiction administrative. Hei wäerte manner Ausnahmen zum Fuerverbuet zougelouss ginn, andeems d'Ausnahmen nach just solle gräifen, fir op d'Aarbecht ze fuere respektiv fir familiär Flichte kënnen ze erfëllen.

Den zweete Volet betrëfft d'Adaptatioun vun de Grenzwärter am Fall vu Fieren ënner Drogenafloss an ëm eenzel Dispositiounen ronderëm déi sougenannte Batteries de tests standardisés. Och dozou vläicht e puer Erklärungen. Déi zoulässe Grenzwärter am Drogekonsum oder an de Substanzen, déi am Blut oder am Spaut festgestallt ginn, ginn alignéiert op déi belsch Gesetzgebung. A grad wéi an der belscher Gesetzgebung, ginn déi Wäerter och erofgesat.

Donieft ass virgesinn, datt déi Batteries de tests standardisés, wéi zum Beispill d'Tester vun der Motorik, vun der Wahrnehmung oder der Artikulation, net méi an alle Fäll musse realiséiert ginn. Dës Tester sinn net méi néideg am Fall vun Accidenter mat gréisserem Kierperschued, wou d'Police aner Suergen huet, wéi déi Tester ze realiséieren: Se muss no den Affer kucken. Oder am Fall vun normale Stroossekontrollen, déi vum Parquet ordonnéiert sinn, oder eben am Fall, wou de Chauffeur selwer zougëtt, datt en ënner Drogenafloss steet, da brauch een dat net méi laang ze kontrolléieren.

Dann de wichtigste Volet ass d'Adaptatioun vum Tableau, deem d'Infrastrukture vum System vun Punkteführerschäin definéiert. An deem Tableau sinn eng ganz Rei Mesurë virgesinn, éischtens, datt den Excès de vitesse net méi just zwee, mä véier Punkte wäert kaschten. Am Fall, wou d'Iwwerschreidung vun der Vitesse op d'mannst 50%...

#### (Coups de cloche de la Présidence)

...iwwert der erlaabter...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Wann ech gelift!

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng), rapportrice.**- ...Vitesse läit. Jo, et ass wierklech komplizéiert.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Et ass net evident fir d'Rapportrice, bei esou vill Gemurmels am Sall ze schwätzen. Wann ech gelift, lauschtert no!

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng), rapportrice.**- Et si ganz vill Zuelen hei dran, soudatt ech mech muss e bësse konzentréieren.

Zweetens och wann déi festgestallte Vitesse op d'mannst 40 Kilometer an der Stonn iwwert der erlaabter Vitesse läit, wou ee ka soen, datt zum Beispill an enger Tempo-30-Zon d'Vitesse also scho bei 70 Kilometer an der Stonn muss leien, fir datt de Chauffeur véier Punkte verléiert.

Da kéim ech zum zweete Volet vum Tableau. Dat ass den Délit de grande vitesse mam Ofzuch vu sechs Punkten - an net méi nach just mat véier. Och dat Wuert gëtt net ëmmer richtig verstanen. Et gëtt oft falsch interpretéiert. Duerfir dozou e puer Erklärungen. Et handelt sech ëm den Délit de grande vitesse, wann dräi Konditiounen erfëllt sinn.

Éischtens muss déi gefuere Vitesse op d'mannst 50% iwwert dem erlaabte Maximum leien. Zweetens muss déi festgestallte Vitesse op d'mannst 20 Kilometer iwwert dem erlaabte Maximum leien.

A wat wichteg ass: Et muss sech ëm e Chauffeur handeln, dee schonn eemol erwëscht ginn ass, dat heescht, dee schonn eng Kéier weinst engem Excès de vitesse protokolliert oder condemnéiert ginn ass.

Den drëtten Volet betrëfft den Alkoholafloss beim Fieren. Do hu mer jo schonn eng Rei Strofen. Och déi gi verschäerft. Ab 0,35 Milligramm Alkohol an der ausgeotemter Loft, dat heescht 0,8 Gramm Alkohol am Liter Blut, wäert de Punktenofzuch...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Madame Lorsché, just eng Sekonn.

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng), rapportrice.**- ...vun...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Ech géif bidden, net heibannen ze telefonéieren.

#### (Coups de cloche de la Présidence)

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng), rapportrice.**- Dat hutt Der jo elo net fir mech gemengt.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Dir sidd kee gutt Beispill fir eisen neie Kolleeg.

► **Une voix.**- Do ginn ech lech recht.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Voilà!

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng), rapportrice.**- Et gëtt e Punktenofzuch fir d'Telefonéieren heibannen deemnächst.

#### (Hilarité)

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Oh, dat kënnt nach vläicht. Et ass jo näischt méi sécher hei am Land.

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng), rapportrice.**- Ech fänken elo nach eng Kéier mam Alkohol un. Ech hoffen, Dir hutt jo iwwer Mëtteg nëmme Waasser gedronk.

Ab 0,35 Milligramm Alkohol an der ausgeotemter Loft wäert den Ofzuch vun zwee op véier Punkten eropgoen. Ab 0,55 Milligramm Alkohol an der ausgeotemter Loft ginn neierdénks sechs Punkten ofgezunn, wat jo och dann awer e Schrëtt méi ass. Dir dierft also roueg nach weider drénken, souvill wéi Der wëllt, mä ech géif net mengen, datt et gutt wär, dann nach an den Auto ze klammen. Dat kann eppes kaschten.

Véiertens wäert d'Fieren ënnert dem Afloss vun Drogen vum Ofzuch vu véier Punkten op sechs Punkten eropgoen. Dëst, wéi gesot, no de Seuilen, déi och an der Belsch gëllen.

Fënneftens gëtt de Gebrauch vun engem Handy oder engem Tablet während dem Fuere mam Ofzuch vun zwee Punkte bestrooft. Bis haut huet dat kee Punkt kascht. An d'Fräispriecharlage bleiwen nach wie vor erlaabt. Donieft wäert d'Benotze vum Handy mat engem Avertissement taxé vun 145 Euro bestrooft ginn an net méi mat just 74 Euro. An der Chamber ass et nach ëmmer gratis. Bei der Benotzung vum Tablet gëtt en Avertissement taxé agefouert. An dee wäert och bei 145 leien.

Sechstens ass da virgesinn, datt d'Netdroe vum Sécherheetsgurt oder vum Casque um Motorrad och mat zwee Punkte gestrooft wäerte ginn, grad wéi och den Netrespekt vun der Obligatioun, d'Kanner an engem Kannersëtze ze transportéieren. Wou ech emol dervun ausginn, datt dat awer e grouse Konsens an der Gesellschaft fënnt. Dat muss jo sinn, fir datt eis Kanner wierklech geschützt am Auto kënnen setzen. Dobäi kënnt, datt den Avertissement taxé an dës Fäll vun aktuell 49 op 145 Euro eropgesat wäert ginn.

Wat dann, siwents, och zu engem Verloscht vun zwee Punkte wäert féieren, ass d'Bedränge vun anere Gefierer doduerch, datt net genuch Ofstand zu deene Gefierer gehale gëtt. Dat ass meeschtens de Fall op Schnellstroossen oder Autobunnen. Natierlech zielt dat net am Fall vu Stau oder an Zone mat ganz niddreger Vitesse. Do wäert en Avertissement taxé agefouert ginn, dee vu 74 op 145 Euro wäert gehewe ginn. Sämtlech Avertissemente ginn dann an engem entspreche Règlement grand-ducal definéiert.

Déi lescht an aacht Modifikatioun am Tableau bezitt sech op den Netrespekt vum Accès interdit, deem an Zukunft och zum Verloscht vun zwee Punkte wäert féieren. Et sinn also eng Hällewull Punkten, déi elo weider kënnen verluer goen.

Déi aner Modifikatiounen, déi dëst Gesetz nach betreffen, sinn net direkt esou relevant am Beräich vun der Sécherheet op der Strooss. Se bezéie sech, wéi ufanks gesot, op verschidden Adaptatiounen vum alen Text un d'Entwécklung vun der Zäit, a virun allem och op déi europäesch Gesetzgebung, wéi zum Beispill am Beräich vum Contrôle technique. Dat heescht, wann en Auto am Ausland no de Regele vun der Konscht kontrolléiert ginn ass, muss en hei am Land, wann en dann hei ugemellt gëtt, net nach eng Kéier an de Contrôle technique. Weider Detailler dozou fannt Der och a mengem schrëftleche Rapport.

Da kéim ech scho bei d'Avisen. Et koumen der eng Hällewull eran.

Deen éischten ass dee vum Statsrot, dee ganz kritesch war. A sengem Schreiwes vum 23. Oktober 2012 huet de Statsrot kritiséiert, datt weder eng kloer Analys, nach e Bilan, nach eng Evaluatioun iwwert d'Ursache vun de schwéieren Accidenter géif virleien. An deem Sënn war de Statsrot der Meinung, datt dës Projet de loi aus engem willkürleche Rapiécage, wéi en et genannt huet, vu Moossname géif bestoen, déi sech net op kloer Erfahrungswärter géife bezéien. Well mëttlerweil awer eng ganz Rei Statistiken a verschidde Bilanen iwwert d'Ursach an d'Heefegkeet vun de schwéieren Accidenter virleien, ass d'Kritik vum Statsrot eigentlech net méi berechtigt.

Zu den insgesamt aacht Oppositions formelles vum Statsrot bleift ze soen, datt d'Kommissioun deenen alleguer Rechnung gedroen huet an déi néideg Amendementer dann och ausgeschafft huet. Domat waren déi aacht Oppositions formelles aus de Féiss. Bezunn hu se sech beispillsweis op d'Kompetenz vun de Stagiaire vun der Police am Kontext vun der Reglementatioun vum Verkéier. An deem Punkt huet den initialen Text missen e wéineg zrëckgeschrafft ginn. D'Kompetenze vun de Stagiaire konnten net esou grouss sinn, wéi vum Här Minister ugeduecht.

Donieft huet de Statsrot och op eng Rei Voleten opmierksam gemaach, déi ebe just dem europäesche Recht net méi entsprach hunn. Och do fannt Der weider Detailler am Commentaire des articles an a mengem schrëftleche Rapport. Et féiert wierklech ze wäit, fir am Detail drop anzegoen.

Da kommen ech zu der Chambre des Salariés, déi sech fréier jo Chambre de Travail genannt huet an d'Aféierung vun Punkteführerschäin an de Joren 2001-2002 massiv kritiséiert hat. Dësem Projet de loi, deem den initiale System jo eigentlech nach verschäerft, steet d'Berufsskummer awer ganz positiv vis-à-vis a begréisst d'Ausrichtung a senger Globalitéit. Ech géif mengen, datt do e gewësse Mentalitéitswandel stattfonnt huet.

Och d'Chambre de Commerce, d'Chambre des Métiers an d'Chambre de l'Agriculture hunn de Projet begréisst a waren unisono der Meinung, datt et wichteg wär, d'Sécherheet op der Strooss ze erhéien.

Erwähne wëllt ech an deem Dossier awer och den onermiddlechen Asaz vun der Association des victimes de la route ënnert der fréierer Leedung vum Här Jeannot Mersch, dee wierklech e grouse Verdéngscht huet am Beräich vun der Sécherheet op der Strooss, an awer och an der Begleedung vun den Ugehéierege vun Affer, déi wierklech ganz vill Leed empfangen no engem Accident. Duerfir wëllt ech als Rapportrice vum Gesetz der ganzer Equipe vun der Association des victimes de la route e grouse Respekt an e grouse Merci fir hir wäertvoll Aarbecht ausdrécken, grad wéi och der Sécurité Routière.

Zum Schluss nach déi wichtigst Daten. No deems de Projet de loi den 21. Februar 2012 déposiert gi war, koum den éischten Avis vum Statsrot den 23. Oktober 2012. En hat eng gewëssen Zäit dertëscht gebraucht, fir de Projet de analyséieren. Säin éischten Avis complémentaire datéiert vum 12. Juli 2013, säin zweeten Avis complémentaire vum 25. Mäerz 2015.

Den Avis vun der Chambre de Commerce ass vum 27.2.2012, dee vun der Chambre des Mé-

tiers vum 19.3.2012, dee vun der Chambre des Salariés vum 27.3.2012 an dee vun der Chambre de l'Agriculture vum 2.4.2012. De 14. Januar 2015 sinn ech als Rapportrice designéiert ginn, an no insgesamt véier Kommissionssetzunge vun der neier Nohaltegkeetskommissioun huet d'Kommissioun mä Rapport eestëmmege ugeholl.

E grouse Merci gëllt dann nach der Madame Josiane Pauly an dem Här Heintz vum Nohaltegkeetsministère fir hir kompetent Berodung, haauptsächlech och um juristeschen Niveau. Mäin zweete Merci geet un d'Membere vun der Kommissioun, déi all Kéier ganz konstruktiv derbäi sinn, an natierlech och un eis Sekretärin Rachel Moris. Da wëllt ech och dem Justin Turpel Awuar soen, deem an eiser Kommissioun ëmmer ganz vill ze erzielen hat.

Dat gesot, invitéieren ech lech - mat menger grénger Kap um Kapp -, dës Projet ze stëmmen. E gefält bestëmmt net jiddwerengem, mä e rett Liewen. An dorop kënnt et un!

An deem Sënn ginn ech den Accord vun der grénger Fraktioun a soen lech villmools Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci der Madame Lorsché, bei där ech duerch d'Fangere gekuckt hunn, well se gläichzäiteg och fir hir Fraktioun matgeschwat huet a mer da largement, mengen ech, och déi Zäit récupéiert hunn. Merci fir d'Versteesdemech. An éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Marco Schank.

#### Discussion générale

► **M. Marco Schank (CSV).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, als alleréischst wollt ech der Madame Rapportrice, dem Josée Lorsché, e ganz grouse Merci soe fir säin exzellenten an ausféierleche Rapport, souwuel schrëftlech wéi mündlech. An och, mengen ech, hanken ech e Merci dru fir déi geschéckerlech Manéier, wéi d'Josée Lorsché eis Kommissioun dirigéiert huet.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Marco Schank (CSV).**- Nach am Joer 1970 goufen et zu Lëtzebuerg 132 Doudesaffer a wäit iwwer 1.000 schwéierblesséiert Leit op eise Stroossen. An et war wuel sécher e gudden Deel manner Verkéier wéi haut. Dës Zuel konnt duerch villerlee Mesuren, natierlech och duerch eng Partie technesch Evolutiounen, reduzéiert ginn, elo bis zum Joer 2014 - déi lescht Zuelen, déi mer kruten - mat nach 35 Doudesaffer an 245 Schwéierblesséierter.

Deemno kéint ee jo zefridde sinn. Et ass vill erreecht ginn zënterhier. An awer ass et esou, datt selbstverständlech all Doudegen op eise Stroossen een ze vill ass, all Licht- oder Schwéierblesséierten op eise Stroossen een ze vill ass. A kee vun eis kann dat grulecht Leed an all dee Misär ermiessen, dee sech hannert dësen Zuele verstoppt. Elteren, déi e Kand verluer hunn, Kanner de Papp oder d'Mamm, Partnerschaften, Frëndschaften, déi ausernee-gerappt goufen, a Matmënschen, déi sech hiert ganzt Liewe mussen mat grave Séquellen auserneesetzen.

D'Haaptursachen, dat wësse mer alleguerten, waren a si bei de Stroossenaccidenter engersäits den iwwerméisseg Konsum vun Alkohol an anerersäits déi iwwerdrivwe Vitesse, déi dacks och zesummeginn. An duerfir huet d'Lutte géint ze vill Alkohol um Steier ëmmer de Gesetzgeber viru ganz grouss Erausforderung gestallt.

Fir eng laang Zäit war d'Fieren ënner Alkoholafloss nëmmen eng Contraventioun. Eréischt d'Gesetz vun '53 huet dës Fait fir d'éischte Kéier als Délit klasséiert. Wien dobäi erwëscht gouf, dee konnt mat enger Amende rechnen respektiv enger Prisongsstrof vun aacht Deeg bis maximal ee Joer.

An et huet bis an d'Joer 1971 gedauert, bis d'Strofe fir d'Fieren ënner Alkoholafloss drastesch an d'Luucht gongen, well sech de Gesetzgeber op eemol bewosst ginn ass, datt den Alkohol zu enger vun den Haaptursachen vun de Verkéiersaccidenter gi wor. Deementsprechend sinn d'Prisongsstrofen eropgesat ginn. An zwar war et vun dunn un tëscht aacht Deeg an dräi Joer, déi ee konnt kréien. De legalen Taux gouf als Kompromëss op 1,2 Promill gesat, a bei 0,8 Promill huet ee vun Alkoholafloss geschwat.

Deemools als Unhaltspunkt gouf sech op Etüde vum Conseil de l'Europe respektiv der OECD baséiert. A wann ech soe Kompromëss, dann, well eis Nopeschlänner zu deem Zäitpunkt een





Taux unique vun 0,8 Promill agefouert hunn. Am Joer 1992 hat sech de Législateur d'Fro gestallt, ob et net vläicht opportun wier, fir de Recommandatioun vum der Europäescher Kommissioun ze entsprechen an och de Wee vun eisen Nopeschlänner anzeschloen, fir den Taux enner 0,8 Promill festzesetzen. An et huet dunn awer nach bis an d'Joer 2007 gedauert, fir den Taux admissible op 0,5 Promill festzesetzen.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, dese Projet de loi bedeit an eisen Aen eng weider séier notwendeng Verbesserung vun der Sécherheet op eise Stroossen. An heimat ginn, et ass schonn och gesot ginn, eng Rei Mesuren aus dem Aktionsplang Sécurité routière emgesat, wou och an der Vergaangenheet et ganz wichtig war a richtig war, fir déi verschidden Akteuren aus deem Beräich un een Dösch ze huelen a mat hinnen zesummen, ob dat elo en ACL, ob dat d'Association des victimes de la route, d'Sécurité Routière, ob dat déi verschidde Ministären, d'Police, de Parquet waren, fir zesummen ze kucken, wat méiglech ass.

An ech wollt och e Merci lassginn un déi Leit, déi sech an der Vergaangenheet ganz staark engagéiert hunn, virun allem bei der Sécurité Routière a virun allem bei der Association des victimes de la route.

Ech wollt dann awer och drop hiweisen, datt - an d'Madame Lorsché huet dat virdru gemaach - d'Kommissioun fir nohaltege Entwécklung an Infrastrukturen an der viregter Regierung jo schonn dee Projet examinéiert hat an och amendéiert hat, an déi aktuell Kommissioun sech dann derfir décidéiert huet, an ech mengen, datt dat eng gutt Décisioun war, fir op den initialen Text zrëckzekommen, esou wéi e vum deemolege Minister fir Nohaltegkeet, dem Claude Wiseler, déposéiert gouf.

D'Zuele vum Statec an Zesummenaarbecht mat der Sécurité Routière weisen däitlech, datt d'Fueren enner Alkoholafloss, ech soen et nach eng Kéier, an ze héijer Vitesse eben d'Haaptursache sinn, wou ee muss den Hiewel usetzen. A genau dat ass gemaach ginn, fir d'Sécherheet op eise Stroossen ze verbessern. Dat geschitt mat deem Gesetz.

A wann een déi rezent Zuele kuckt, déi viru Kuerzem vum Minister presentéiert goufen, da fält op, datt an deenen 908 Accidenter, wou Persounen blesséiert goufen op eise Stroossen, 35 Mënschen an Accident net iwwerlieft hunn. Dat bedeit wuel e Réckgang vun 22% vun 2013 vis-à-vis vun 2014. Mä nach eng Kéier: D'Halschent vun deenen déidlechen Accidenter sinn op d'Vitesse zrëckzeféiere gewiescht an 19% op den Alkohol um Steuer.

A wat a mengen Aen awer glat net nozevoll-zéien ass, datt ass déi Zuel, déi Tatsaach, datt ee Véierel vun den Automobilisten, déi déidlech blesséiert goufen 2014, de Gurt net unhaten! Dat heescht, ee Véierel vun deene Leit, déi op de Stroosse gestuerwe sinn, haten de Sécherheetsgurt net un, eng ganz erschreckend Zuel.

Global gekuckt muss een och feststellen, datt an der Vergaangenheet déi grouss Majoritéit vun de Punkte beim Führerschäin ofgezu goufen, well d'Chaufferen ze séier ennerwee ware respektiv gedronk haten. Dat ass jo dann och eng normal Entwécklung an deem Kontext, wann een dat esou dierf soen. An dese Phenomeen betrëfft awer net nëmmen déi jonk Leit, mä dese Phenomeen zitt sech duerch sämtlech sozial Schichten an Alterskategorien vun eiser Gesellschaft.

Wat d'Fueren enner Drogenafloss ubelaangt, esou ass virgesinn, fir d'Seuilen un déi vun der belscher Gesetzgebung unzepassen - dat ass virdru scho gesot ginn -, an, wat wichtig ass, eben och deem technesch Fortschritt ze entspreche bei der Erkennung vun Drogen.

Engem Bilan no, deen Enn 2014 opgestallt ginn ass, sinn zënter dem Aféiere vum Punkteführerschäin 2002 eng 594.000, also ronn 600.000 Punkten ewechgeholl ginn, dovunner waren 178.856 Chauffere beträff. Eng ganzer 2.506 hunn all hir Punkte verluer. Dat sinn Zuelen, déi, fannen ech, och erschrecken, well déi Punkten, dat Verléiere vu Punkte jo all Kéiers mat Verstéiss géint Verkéiersreglementer an Zesummenhang stoungen, an och net déi mannst Verstéiss géint Verkéiersreglementer.

Strofrechtlech Veruerteelungen hunn zum Ofzéie vun 180.891 Punkte gefouert, dovunner an 48,14% vun de Fäll weinst Alkohol, 24,29% weinst Vitesse a 7%, well keng Versécherung virlooch. Da kommen nach ronn 7% vun de Fäll, well de Chauffere een Délit de fuite begaangen huet, respektiv 13,56% vun de Fäll weinst anere Verstéiss géint de Code de la Route.

Ech wëll och ennersträichen, datt zënter der Aféierung vum Gesetz vum 2. August 2002 hei am Land d'Zuel vun den Doudesaffer, an dat ass jo och gutt esou, konsiderabel zrëckgaangen ass. Et léisst sech also deemno däitlech eng Korrelatioun tëschent dem Punkteführerschäin an der Verbesserung vun der Sécherheet op eise Stroosse maachen.

Wat elo d'Haaptännerunge vun eise Projet de loi sinn, kann ech mech ganz kuerzfaassen; d'Madame Rapportrice huet dat ausféierlech gemaach.

Eng vun den Ännerunge betrëfft d'Zuel vun de Punkten, déi en Automobilist ka verléieren, wann e géint d'Gesetz verstéisst. Ech géif soe just dat Beispill vun den Délits de grande vitesse: Dat ware bis elo véier Punkten, déi ofgezu goufen, datt ginn der elo sechs. Generell kann ee souguer soen, datt déi verschidden Infraktiounen zwee Punkte méi kaschten an Zukunft, ausser beim Sécherheetsgurt, wou et, mengen ech, awer och ganz gutt ass, datt amplaz vun engem Punkt an Zukunft zwee Punkte verluer ginn.

Da goufen awer och d'Geldstrofen an d'Luucht gesat. Wann ee mam Handy um Steuer erwëscht gëtt, beispillsweis, wat ee ganz dacks gesäit dobaussen, datt d'Leit mam Handy telefonéieren, waren et bis elo do 74 Euro ze bezuelen, do ginn dat an Zukunft 145 Euro. An, dat huet virdrun null Punkte kascht, dat kascht an Zukunft dann zwee Punkten.

Datselwecht géllt och - et ass schonn erwähnt ginn - bei den Tablets. Dat war eben ni virgesinn, well déi Geräter relativ rezent sinn. Och ass et esou, datt d'Smartphoné méi grouss ginn, d'Tablets gi méi kleng, dat heescht, d'Grenze verwëschen do. Och mat Tablets kann een telefonéieren zum Deel. Och do, wéi gesot, an Zukunft zwee Punkten an och do kascht dat 145 Euro Geldstrof.

Beim Netanhale vun engem Sécherheetsofstand ass et dann och nei, datt zwee Punkte fälleg sinn. Datselwecht fir den Accès interdit. Do waren, wéi gesot, virdru keng Strofe virgesinn.

Zum Schluss wollt ech soen, datt ee sech d'Fro awer muss stellen, ob mir an eise Land net méi responsabel missten Auto fueren. An do huet ee jo ëmmer erëm selwer d'Impressioun, wann ee fiert, datt, wann ee sech zum Beispill un d'Limittvitesse hält, een deen Eenzege mat Momentar ass, deen dat mécht an een dann och systematesch iwwerholl gëtt.

Verkéiersaccidenter passéiere virun allem duerch mënschlech Feeler a besonnesch duerch vermeidbar Verstéiss géint Verkéiersreglementer. An ech soen och ganz däitlech, datt a mengen Aen zu Lëtzebuerg generell ze séier gefuer gëtt. Et gëtt dacks geféierlech, et gëtt dacks onnëtz iwwerholl. Vill Verkéiersreglementer ginn net esocht geholl. An ëmmer méi Autoen hu kee Winker méi.

Et feelt ganz einfach u Rücksicht op déi aner Leit am Verkéier. An ech mengen,...

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Marco Schank (CSV).** - ...mir wënschen eis alleguerste méi en defensiivt a virun allem e stressfräit Fieren. Vill Leit soe mir, wa se op der Aarbecht ukommen, si se scho gestresst duerch déi Manéier, wéi mer eben Auto fueren.

An ech wollt ganz zum Schluss och eng Fro un den zustännegen Minister stellen. Dat ass, ech weess, keng einfach Fro. Vlächcht huet en awer déi eng oder déi aner Äntwert.

Ech froen, wat de Minister gedenkt vun neie kreative Mesuren ze ergreifen, fir der Vision zéro méi no ze kommen. Déi ze erreechen, mengen ech, ass kaum méiglech. Mä et ass awer richtig, wann ee probéiert, där Visioun méiglechst no ze kommen.

Muss een zum Beispill beim Führerschäinmaachen awer méi en defensiivt Fieren enseignéiert kréien? Ass et sennvoll, d'Schoul méi staark nach anzubannen? Wat kann een zousätzlech maache fir d'Sensibiliséierung vun de Leit? Do gëtt vill gemaach. Ass do och nach Sputt?

A virun allem och vlächcht nach eng verstärkt Promotioun vum öffentleche Verkéier. Respektiv och dozou gehéiert, den öffentlichen Transport méi attraktiv ze maachen. Wéi gesot, keng einfach Froen. Mä ech denken, datt awer déi eng oder déi aner Äntwerten do kéinte méiglech sinn.

Domat wollt ech Merci soen an den Accord vu menger Fraktioun zu deem Projet de loi bréngen.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Schank. An elo huet direkt d'Wuert den Här Roger Negri.

► **M. Roger Negri (LSAP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, als Eischt wëll ech eiser

Présidente-rapportrice e grouse Merci soen, un d'Josée Lorsché, fir hir exzellent Rapporten, souwuel déi schréfflech wéi déi mündlech. An ech wëll mech awer och de Wieder vu mengem Virriedner Marco Schank uschléissen. Déi Saachen, déi e gesot huet, kënne mer nëmmen absolut vertrieben.

D'Zuele vum Stroosseverkéier schwätzen eigentlech eng ganz kloer Sprooch. Sait 2001 sinn déi déidlech Accidenter op eise Stroossen ëm ronn 50% erfogaangen, speziell seit dem 1. November 2002 op Basis vum Gesetz vum 2. August vun deem selwechte Joer, wéi de Punkteführerschäin hei am Land agefouert gouf, also viru ronn eppes méi wéi enger Dose Joren.

Goufen 2002 nach méi wéi 70 Verkéiersdoudenger gezielt, waren et der 2014, wéi d'Police net méi spët wéi de leschte Freideg bekannt ginn huet, a Guillemeten „just“ nach 31. Dës entsprécht am Verglach zum Virjoer engem Réckgang vun net manner wéi 24%, an dat bei enger Populatioun a virun allem engem Automobilsark, dee bestänneg wiisst. Eng positiv Tendenz, och wann een hei ausdrécklech betounen muss, dass all Affer een Affer ze vill ass.

Gläichzäitig soll ee bei alle Statistiken iwwert d'Verkéiersdoudenger net vergiessen, dass d'Famillje vun Doudegen an och déi vill Verletzter mat hire Familljen a ville Fäll Joren a souguer oft e Liewe laang mat de physischen a psychologischen Séquelen, déi Accidenter mat sech bréngen, liewe mussen.

Wéi een Undeel elo de Punkteführerschäin, isoléiert fir sech geholl, un där beschriwwener, sech zuelemisseng no ennen entwéckelter Statistik vun de Verkéiersdoudengen huet, ass zumindest hei zu Lëtzebuerg spekulativ. Schliesslech feelee genau Daten an Etüden, wéi d'Korrelatioun tëschent dem Punktesystem an der Zuel vun den Autosaccidenter beziéungsweis de Verkéiersaffer ass.

De Statsrot huet an deem Kontext an engem Avis vum 23. Oktober 2012 zum Projet de loi, iwwert dee mer haut ofstëmmen, och dorop higewisen, dass et keen offizielle Bilan vun den Auswierkunge vum Punkteführerschäin gëtt a keng spezifesch Analys vun den Tatsaache gemaach gouf, dass, obwuel d'Zuel vun den Doudegen op eise Stroossen erfoget, d'Zuel vun den Infraktiounen duerch ze héich Vitesse an ze héich Alkoholtauxen, genau wéi d'Fäll vu Récidiv sech genau an déi entgéintgesate Richtung entwéckelen, also eropginn.

Onbestreitbar ass awer, dass, och wann et hei zu Lëtzebuerg keng Etüd iwwert den Impakt vum Punkteführerschäin op d'Verbesserung vun der Sécherheet op eise Stroosse gëtt, des Moosnam, déi fir d'Eischt ofschreckend an duerno eréischt repressiv soll sinn, e kloer moosbaren Effekt huet. Etüd vum däitsche Kraftfahrt-Bundesamt zum Beispill weisen däitlech, dass déi verkéierspsychologesch Konzepter, déi op d'Beaflossbarkeet an d'Leierfäegkeet vun den Automobilisten setzen, duerch de Punkteführerschäin erreecht ginn.

An enger Vergläichsetüd vun deene fir d'Vekéierssicherheit zustännegen Instanzen aus Eisträich, Holland an Däitschland iwwert d'Punktesystemer an Europa gëtt erkläert, dass d'Wierksamkeet vu Punktesystemer signifikativ zrëckzeféieren ass op d'Aussicht, spréch d'Angscht, dass ee säi Führerschäin verléiere kann. Dës - nenne mer et - Wirksamkeet erkläert och, firwat déi allermeeschte Länner an der Europäescher Unioen e Punktesystem am Führerschäin hunn.

E Verglach vun deenen eenzelne Modeller ass allerdengs awer schwier, wann net onméiglech, well se sech an der praktescher Ëmsetzung zum Deel däitlech vuneneen ënnerscheeden. Esou gëtt ee vun deene verschiddene Länner zum Beispill fir een an deeselwechte Feeler ënnerschiddlech streng op sengem Punktekonto gestrooft. Ausserdeem ginn an deenen enge Länner, wéi zum Beispill Lëtzebuerg, Punkte vun enger ursprénglecher Zuel ofgezunn, während d'Punkten esou zum Beispill an Däitschland addéiert ginn.

Och huet een an deene verschiddene Länner am Ufank ënnerschiddlech vill Punkten zegutt, an huet ee säi Bonus opgebraucht, spréch kee Führerschäin méi, well keng Punkte méi, muss een a verschiddene Länner de Führerschäin ganz nei maachen. An anere Länner gëtt et esou gehandhabt, dass een, während enger gewëssener Zäitspann vu Fuerverbuert, de Führerschäin no Ofaf vun där Period awer erëmkrëtt, ënner der Konditioun, dass een e Fuerstage matgemaach huet. Dës ass jo dann och, wéi bekannt, hei zu Lëtzebuerg de Fall.

Här President, trotz alle beschriwwene positiven Auswierkunge vum Punkteführerschäin op d'Fuerverhalten an domadder op d'Sécherheet am Stroosseverkéier ass awer och kloer, dass dës Instrument nëmmen een Element vun enger ganzer Rei ass, déi zesummegeholl deen néidegen Erfolleg hunn an et erlaben, dat gewënschent Zil ze erreechen.

Aner Elementer, déi dozou bäidroen, dass d'Zuel vun den Doudegen am Verkéier tendenziell ofhëlt, sinn déi stroosentechnesch Moosnamen, wéi d'Besäitigung vu sougenanntene Gefahrezonen oder zum Beispill oniwwersiichtleche Kräizungen, schaarf Kéieren, Beem, déi ze no un der Strooss sinn, an esou weider. Och den Zoustand vun de Stroossen, wéi de Stroossebelag, huet en direkten Afloss op d'Vekéierssicherheit.

Zu deser Verkéierssicherheit dréit dann och awer natierlech d'Beschränkung vun der Vitesse bäi. D'Vitesse ass nämlech ganz kloer d'Haaptursach fir déi allermeeschten oft déidlech Accidenter, duerno Alkohol um Steuer, a ganz oft ze héich Vitesse a Kombinatioun mam Alkohol. A leider, wéi déi neist, scho virdrun ugeschwate Verkéierssituatiounen weisen, hält de Phenomeen vun iwwerdrifwener Vitesse zou amplaz of. Bei 48% vun allen déidlechen Accidenter gouf zejoert, d'lescht Joer also, eng ze héich Vitesse als Ursach notéiert, währenddeem et 2013 nëmmen 39% waren.

An deem Sënn begrëisse mir als LSAP och all Initiativen, déi um staatlechen oder um Gemeengeplang geholl ginn, fir verkéiersberouegt Zonen anzeriichten, sief dat mat 30er-Zonen op nevalgesche Punkten oder ganz innovativ, wéi der elo zum Beispill zu Bartreng oder Rodange entstinn, mat engem sougenannten „shared space“.

Am Zesummenhang mat den 30er-Zonen an am Kontext vun den entsprechedenen Diskussiounen, déi aktuell heizou an Däitschland geféiert ginn, géif ech dem Nohaltegkeetsminister François Bausch d'Fro stellen, wéi hien zu dese Pläng an eise Nopeschland steet, fir allgemeng ronderëm all Schoulen, Crècheen an Alters- a Fleegeheemer d'Vitesse op 30 km/h ze limitéieren. Wier dat och eventuell eppes, wat ee sech hei zu Lëtzebuerg kéint virstellen? A wann den Här Minister François Bausch vlächcht d'accord wär, kéinte mir dat vlächcht, wann e wëllt, ab dem 15. September bei der Erëffnung vun der neier Schoul op der Kap op der Areler Strooss probéieren, wou de Moment d'Demande fir d'Vekéiersluuchte bei deser neier Schoul en voie d'approbation sinn.

Op enger Nationalstrooss, hei der N6, der Areler Strooss, sech eng limitéiert, verkéiersberouegt 30er-Zon virun der Entrée a Sortie vun enger neier Schoul virstellen, wär net nëmmen hei zu Lëtzebuerg verkéierstechnesch absolutt innovativ am Sënn vu méi Verkéierssicherheit. Besonnesch, wou et jo hei virun allem och ëm d'Sécherheet vun de Schoukaner geet, déi am Stroosseverkéier nach ëmmer net déi richtig Reflexer entwéckelt hunn. Wa se zum Beispill voller Freed aus der Schoul lafen, a schonn ass et passéiert, wéi mer dat schonn a fréiere Situatiounen hei haten.

Hei wiere mer ganz frou, Här Minister, wa mer do kéinte vlächcht eventuell e Projet pilote maachen. Mä dat kënne mer herno spéider da kucken.

An deem Kader ginn och verschidden Organisationsen an Däitschland awer souguer esou wäit a fuerderen eng prinzipiell Begrenzung vun der Vitesse op 30 km/h innerhalb all Uertschaft. Och do géif et mech interesséieren, Här Minister, wéi Är Meinung dozou ass.

Här President, wichteg am Hibleck op méi Verkéierssicherheit sinn awer och d'Opklärung an d'Informatioun. Dës enner méiglechst verschiddene Formen, déi gezielt déi verschidden Alterskategorien uschwätzen. Well, entgéint deem, wat ëmmer gäre behaupt gëtt, weisen d'Statistiken, dass et net nëmmen déi jonk sinn, déi haaptsächlech a schwéier Accidenter verwickelt sinn, mä och nach virun deene méi Jonken d'Alterskategorien tëschent 45 a 55 Joer.

Wichteg ass och eng gutt a konsequent Ausbildung a Saache Führerschäin, déi bei Bedarf beziéungsweis a regelméissegem Ofstänn analyséiert an, le cas échéant, neien Entwécklungen ugepasst géif ginn.

Zu desen neien Entwécklungen gehéiert zum Beispill, wann et esou geet, wéi d'Regierung an hoffentlech och grouss Deeler von der Bevëlkerung sech dat erhoffen, eng Mobilité douce, déi zouhëlt. Méi Foussgänger a virun allem méi Véloen, mat deenen entsprechedenen Infrastrukturen, verlaange virun allem vun den Automobilisten, fir déi méi eng grouss Präsenz vun net motoriséierten Zweerieder hei zu Lëtzebuerg dach awer eng nei Situatioun duerstellt, ... (veuillez lire: méi eng grouss Opmierksamkeet).

Virun allem awer mussen all Verkéiersteilnehmer verstoen, esou wéi déi aktuell Campagne vun der Sécurité Routière a vun der Regierung et erkläert, dass et nëmme mat engem rücksichtsvolle Matenee geet an dass d'Strooss fir jiddweree gläichermoossen do ass.

E weidert wichtegt Element, dat am politeschen Diskurs fir méi Verkéierssicherheit net





ëmmer genannt gött, sinn déi technesch Verbesserung un den Autoen, zu deenen och eng ganz Rei Zouliwwerbetreiber fir d'Automobilindustrie mat hirer performanter Fuerschung an Entwécklung bäigedroen hunn. Dës technesch Innovatiounen hunn an deene leschte Jore mat sech bruecht, dass am Fall vun engem Accident net nëmmen d'Passagéier an den Autoen, mä och déi schwächsten Teilnehmer am Stroosseverkéier, sprécht d'Foussgänger, besser geschützt ginn, wéi zum Beispill duerch automatescht staarkt Ofbremse vum Auto oder Airbag ënnert der Kühlerhauf an esou weider.

Dee politeschen Afloss ass an dësem Beräich vläicht um nationalen Niveau begrenzt, mä zumindest op europäeschem Niveau, wou déi verschidde Sécherheetsbestëmmungen, déi Autoe konstruktiv bedéngt erfëlle mussen, festgeluecht ginn, kënnen och eis Lëtzebuerger Politiker am Kader vun hiren Aflossméiglechkeeten aktiv an dësem Beräich fir méi Verkéierssicherheit plädéieren.

Vläicht kann ee souguer esou wäit goen a spekuléieren, dass verschidde soziologesch Entwécklungen ee méi oder manner direkten Afloss op d'Stroossesécherheet hunn. Esou weisen divers Etüden aus dem Nopeschland, virun allem aus Däitschland, dass den Auto bei de Jonke vun haut ëmmer méi als Statussymbol ausgedéngt huet. Vill Jonker gesinn den Auto ëmmer méi als e Mëttel zum Zweck un, also als e Mëttel, dat een notzt virun allem, wa keng gutt aner Transportméiglechkeet zur Verfügung ass, fir vun engem Punkt A op B ze kommen.

Doraus ergëtt sech net nëmmen, dass virun allem an den auslännesche Groussstied de Co-voiturage an de Carsharing vu Joer zu Joer an d'Luucht ginn, mä och, dass, wann déi Jonk sech an eegenen Auto zouleeden, Stéchwuert Statussymbol, si op déi manner staark Motorisatiounen zrëckgräifen, wat sech jo och hei zu Lëtzebuerg ëmmer méi an de Statistike confirmeiert.

Beim Stéchwuert Statistik sinn ech dach iwwerrascht oder e bëssen erschreckt - ech menge grad wéi mäi Virriedner Marco Schank -, dass 25% vun den Doudegen d'lescht Joer kee Gurt unhaten. Do muss ee sech dach awer Fro stellen, dass hautdesdaags nach Leit wierklech ouni Gurt dorëmmer fueren! Oder kéint dat eventuell mat aneren Ursaachen ze dinn hunn, dass ënner Emstänn bewosst kee Gurt ugedoe ginn ass, oder, fir et méi däitlech ze soen, mat Suicideabsichten?

Do stellen ech d'Fro, ob bei esou schwéieren Accidenter, wou sech erausstellt, dass de Chauffer wierklech kee Gurt unhat, och an deem Sënn eventuell Expertisé gefouert ginn, well dobäi jo och nach oft ganz aner Verkéiers- teilnehmer zu Schued kommen. An och guer net ze schwätze vun de Sekuristen, déi esou grausam Accidenter raume mussen an deenen een dofir net oft genuch ka Merci soen.

A last but not least ass et leider esou, dass all Regelen a Moosnamen et néideg maachen, dass d'Anhalen dovunner duerch Kontrollen, ob dës elo vu Polizeibeamten oder vu fixe Radaren, esou wéi se elo gläich hei zu Lëtzebuerg zum Asaz komme wäerten, iwwerholl ginn, a Verstéiss ebe mat där néideger Häert musse bestrooft ginn, wéi dann hei den Entzuch vu Füh- rerschäinspunkten.

Dass de Punkteführerschäin nëmmen een Element fir méi Sécherheet op de Stroossen ass, weist och den Aktionsplang Sécurité routière vun der Regierung. De laangfristegen Objektiv vun dësem Aktionsplang mam Numm „Vision zéro“, dee vun 2014 bis 2018 leeft, ass grad- esou ambitiéis wéi kloer: Null Doudeger an null Schwéierblesséierter op eise Stroossen!

Dëse Plang soll dann och bei der Ëmsetzung vum mëttelfristegen europäeschen Zil hëllefen, bis 2020, an am Vergläich zu 2011, d'Zuel vun de Verkéiersdoudegen ëm d'Halschent ze reduzéieren an d'Zuel vun de Schwéierblesséierten däitlech zrëckzeschrauwen.

Mam Plang „Vision zéro“ sollen d'Problemer an d'Erausfuereungen identifizéiert ginn, déi sech aktuell den Efforte fir d'Verbesserung vun der Verkéierssicherheit an de Wee stellen, an dann doraus déi Mesuren definéiert ginn, déi musse geholl ginn, fir deenen Erausfuereungen ze begéinen. D'Moosnamen, déi geholl solle ginn, betreffe sougutt d'Usageren am Verkéier, d'Stroosseninfrastrukture wéi d'Gefierer.

Eelef Erausfuereungen huet d'Regierung an Zesummenaarbecht mat enger ganzer Rëtsch vun Organisatiounen, Associatiounen an Administratiounen definéiert, an déi déi voll Ënnerstëtzung vun der LSAP fannen. An och dofir, grad ewéi eise Virriedner dat gesot huet, wëll ech och do dem AVR eisen extra grouse Merci soen.

Ech si ganz kuerz, déi eelef Mesuren: d'Reduktioun vum Fueren ënner Alkohol-, Drogen- oder Medikamentenafloss, d'Promotioun vun de Sécherheetséquipementer, d'Stärkung vun

der Opmierksamkeet um Steier an d'Reduktioun vu geféierleche Verhalensweisen, de Schutz vun de vulnerabele Verkéiersteilnehmer, sprécht de Foussgänger, Vëlos- a Motosfuierer, méi sécher Stroosseninfrastrukturen, eng kohärent Preventiounspolitik, d'Verbesserung vun der Formation vun de Chaufferen, Sensibiliséierungscampagnen, effikass Polizeikontrollen an d'Revisioun vun de Sanktiounen, wéi dann elo haut de Punkteführerschäin.

Ganz uewen op der Prioritéitelëscht steet fir déi Verantwortlech vum Aktionsplang d'Bekämpfung vun den Excès de vitesse. Mesuren, déi et erlabe sollen, dëst Zil ze erreechen, sinn ënner anerem d'Installatioun vu feste Radaren, d'Verbesserung vun der Visibilitéit vun de Vitesselimitatiounen, virun allem an eventu- ell verkéiersberouegt Zonen a Reduktioune vun der Vitesse ausserhalb vun den Uertschaften. Schliesslech Kontrolle sur place mat enger Verschäerfung vun de Sanktiounen, wéi dann de Punkteführerschäin.

De Punkteführerschäin huet virun allem en dis- suasive Charakter an erlaabt et virun allem, wierksam virzegoe géint Récidivisten an Auto- mobilisten, déi duerch hir onugepasste Fue- rweis opfalen. Den Effet vum Punktesystem steet an engem gewëssene Mooss och an direkter Relatioun zu der Héicht vun der Strof, also zu de verluerene Punkte fir e bestëmmten Fuerverhalen.

Deementspriedend huet d'Regierung déci- déiert, mat deem hei virleiende Gesetz d'Zuel vun de Punkten, déi ee bei verschiddene Ver- stéiss géint de Code de la Route verléiert, ze iwwerschaffen an am Sënn vu méi Verkéierssicherheit no uewen unzepassen. Wann ech soen, d'Regierung, dann ass domadder sougutt déi viiregt wéi déi aktuell Regierung gemengt.

Ursprénglech gouf de Projet zu deem neie Ge- setz am Dezember 2012 vum deemolege Mi- nister fir nohaltege Entwécklung an Infrastruktu- ren, Claude Wiseler, deponéiert. Nodeems déi deemoleg verantwortlech Chamberskommissi- onen verschidden Amendementer virgeschloen hat, fir verschidde Sanktiounen, ënner anerem fir Delikter weinst ze héijer Vitesse oder bei Fue- ren ënner Alkoholafloss, par rapport zum Re- gierungsprojekt ofzeschwächen, huet dës Re- gierung, zesumme mat der aktueller Nohal- tegkeetskommissioun, décidéiert, opgrond vun deenen trotz réckleefeger Zuel vu Verkéiersdou- degen ëmmer nach ganz beonrouegende Sta- tistiken, erëm op deen ursprénglechen Text an déi ursprénglech Sanktiounen zrëckzekommen, wouriwwer mer ganz frou sinn.

Mat der Differenz, dass eng zousätzlech San- ktioun fir den Netrespekt vun engem Accès in- terdit agefouert gëtt an d'Benotze vun engem GSM oder engem Tablet, wéi et elo scho gesot gouf, mat zwee Punkten zukünfteg nach méi staark bestrooft gëtt, wéi dat ursprénglech mat engem Punkt geplangt war.

Och wa meng Virriedner schonn doriwwer ge- schwat hunn, wëll ech opgrond vun der Wich- tegkeet vun den neien Dispositiounen e puer vun deenen Haaptanktiounen nach eng kéier kuerz widderhuelen.

Fir d'Iwwerschreide vun der erlaabter Vitesse ëm 50% an op d'mannst 40 km/h sinn an der Zukunft véier amplaz zwee Punkt fälleg. D'Sanktioun vun engem Délit de grande vi- tesse, also wann d'Limite ëm 50% ëm mindes- tens 20 km/h iwwerschrott gëtt an dee schël- lege Chauffer an deene leschten dräi Joer schonn eng kéier fir ze héich Vitesse belangt gouf, si sechs amplaz véier Punkte fälleg.

Véier respektiv sechs Punkten amplaz virdun zwee a véier kascht et mat deem neie Gesetz, wann ee mat tëschent 0,8 bis 1,2%, iwwer 1,2 Promill Alkohol am Blut erwëscht gëtt. Wie säi Gefier ënner Drogen- oder Medikamentenaf- loss steiert, deem säi Punktekonto geet ëm sechs - aktuell véier - Punkten erof. Telefonéieren um Steier, d'Benotze vun engem Tablet, d'Netdroe vum Sécherheetsgurt bezéiungsweis um Moto ouni Helm, d'Netrespektéiere vum Sé- cherheetsofstand genau wéi scho gesot den Netrespekt vum Schëld Accès interdit, all déi In- fraktiounen kaschte jeeweils zwee Punkten.

Als Konklusioun a fir zum Schluss ze kommen, Här President, wëll ech nach eng kéier ënner- sträichen, dass mat dësem Gesetz vun haut, mat dem Iwwerschaffe vun de Sanktioune vum Punkteführerschäin et net ëm eng blann San- ktiounspolitik mat enger willkürlecher Perseku- tioun a Bestrofung vun Automobiliste geet. D'Accidenter op eise Stroossen, ob elo mat oder ouni Doudeger, suergen einfach fir vill ze vill mënschlecht Leed. De Punkteführerschäin an de Risiko, seng Punkten an, le cas échéant, säi Füh- rerschäin ze verléieren, hunn, wéi wëssenschaft- lech nogewisen, eng kloer ofschreckend Wier- kung an hëllefen esou, eis Stroossen am Sënn vun alle Bierger méi sécher ze maachen.

De Punkteführerschäin ass, an zu dësem Zil hin, awer nëmmen een Element vun engem

Ensembl aus repressiven, hoffentlech ofschre- ckenden an am Endeffekt domat vu preventive Moosnamen, déi déi voll Ënnerstëtzung vun der LSAP fannen. An domadder, Här President, ginn ech dann och den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Negri. Den nächste Riedner ass den Här Gusty Graas. Här Graas, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Gusty Graas (DP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir mussen an eiser Gesellschaft leider feststellen, dass et ëmmer méi e Réckgang vum sougenannten „civisme automobile“ gëtt. Am Kloertext: De Stroosse- verkéier gëtt fir Einzelner u sech zäitweis quasi eppes wéi e rechtsfräie Raum. Sécher ass et eng Minoritéit, mä et ass eng Minoritéit, déi eis al- lerdéngs ganz vill Problemer mécht. Dat huet dermat ze dinn, dass natierlech och dem Auto, virun allem dem Autobesetz, e gewëssene Kultstatus och reservéiert ass. A wann een ëm- mer dee flotten Ausdrock do zitëiert: „Den Auto ass dem Lëtzebuerger säi léifst Kand“, da seet dat jo och munches aus.

Mir mussen allerdéngs wëssen, ouni dass mer den Auto u sech hei sollen a Fro stellen, dass den Auto haut net méi en exklusiv Fortbewe- gungsmëttel ass, mä dass den Auto éischer eng secondaire Roll soll spillen. An et ass hei virdun och schonn ugeklongen, dass u sech de ganze Verkéiersraum muss an Zukunft aneschter gesi ginn. Wéi gesot, nach eng kéier: De Rôle vum Auto soll hei op kee Fall ver- dälwelt ginn, Autofuere soll och an Zukunf nach Spaass maachen, mä Autofuere mécht mat Sécherheet vill méi Spaass, wa sech un ele- mentar Regele gehale gëtt.

An d'Statistiken, an där sinn hei schonn eng Rei opgezielt ginn, beweisen et ganz kloer: Leider muss an Zukunft méi repressiv gehandelt ginn, well déi beschtegemengt Sensibiliséierungscam- pagnen, déi een och nëmme kann ënnerstët- zen an och hoffen, dass der och an Zukunf nach eng Rei wäerte gemaach ginn, déi hu lei- der net ëmmer de gewënschten Erfolg.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, schonn 1992, et war den 19. Juni, dunn hat déi deemoleg Bauten- an Transportkommissioun an engem Rapport Folgendes festgehalen, ech zitëieren: «(...) la majorité des accidents sont dus à la faute humaine (vitesse excessive, alcool au volant, non-respect de la priorité, défaut de maîtrise) et estiment ensemble avec le Gou- vernement que les pouvoirs publics ne sont pas pour autant dégagés de leur responsabilité, mais doivent créer sur le plan pédagogique, in- frastructurel, pénal et technique le cadre adé- quat pour mener les usagers de la route à adopter un comportement plus responsable vis-à-vis d'eux-mêmes et d'autrui et plus conscient des dangers du trafic automobile». An 1993 hat och d'Chamber hei deemools schonn eng Motioun zrëckbehalen, fir de Punk- teführerschäin anzeféieren.

Iwwregens wëll ech drop hiweisen, dass eist Nopeschland Frankräich schonn 1992 de Punk- teführerschäin agefouert huet an domadder mat Sécherheet net déi schlechtest Erfahrung gemaach huet, au contraire. An eise Modell vum Punkteführerschäi baséiert jo och op hi- rem.

Déi sukzessiv Regierungen haten och ganz grouss Efforte gemaach, fir déi desastréis Situa- tioun an de Grëff ze kréien. Esou beweist d'Sta- tistik - a well se awer esou impressionnant ass, soll ee se awer hei nach e puermol widderhuel- en -, dass zënter de 70er Joren, do wou mer am Fong geholl wierklech déi desastréis Situa- tioun erreecht haten, dass déi dach konti- nuéierlech zrëckgaangen ass. Ech wëll drop hiweisen, dass mer 1970 114.000 immatriku- léiert Autoen haten. Deemools waren 2.500 Accidenter mat 132 Doudegen. Dat waren 2,2% vun dem immatrikuléierte Fuerpark. 1980 ass dee Prozentsaz op 1,53% zrëck- gaangen an am Joer 2000 op 0,62%.

Mä trotz deem positive Réckgang laueren na- tierlech nach vill ze vill Geforen op eise Stroos- sen. 2013 hate mer nach ëmmerhi 45 Doude- ger. 60% vun den déidlechen Accidenter wa- ren deemools op iwwerdrivwe Vitesse an och op Alkoholkonsum zrëckzeféieren. An d'lescht Joer, déi Statistike si jo elo kierzlech hei ënner- breet ginn, waren et nach 35 Doudeger. An ech mengen, mir sinn eis alleguerten eens: Dat ware 35 Doudeger ze vill!

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'CSV/DP-Regierung vun 1999 bis 2004 hat jo der Sécherheet am Verkéier u sech eng ganz grouss Bedeitung an hirer Transportpolitik re- servéiert. Deemo gouf och deemools an där Logik de Punkteführerschäin agefouert duerch d'Gesetz 4712, den 3. Juli 2002. An et muss ee ganz éierlech soen, an et ware jo eenzel Kollee-

ginnen a Kollegen deemools och do derbäi, dozou war natierlech e gewëssene politesche Courage erfuerdert.

Mir wëssen, dass eng ganz grouss Oppositioun vu ganz ville Säiten deemools ze verspiere war. Ech erënnern och nach eng kéier un d'Chambre de Travail hei, déi sech kategoresch deemools géint de Punkteführerschäin ausge- schwat hat. Ech wëll och drun erënnern, dass et nëmmen dräi Parteie goufen, déi de Punkte- führerschäin deemools gestëmmt haten, ënner anerem d'Demokratesch Partei. Haut géif ech awer scho bal woen ze behaupten, dass de Punkteführerschäin als Prinzip vu kengem méi wäert a Fro gestallt ginn. Well d'Statistik huet jo awer gewisen am Laf vun de Joren, dass d'In- zidenz vum Punkteführerschäin op d'Ve- kéierssicherheit sech dach positiv ausgewierkt huet.

En huet natierlech zwee Haaptavantages: éischters den Effet dissuasif. Dat heescht, e soll zu méi verantwortungsvollem Behuelen am Stroosseverkéier féieren. An dann zweetens ass dat awer och, muss een hei ënnersträichen, de pädagogesche Volet vun dem Punkteführer- schäin.

Duerch dat Gesetz, wat mer elo haut hei stëm- men, ginn natierlech eng Rei Mëssuechtunge vum Code de la Route méi staark sanktionéiert. Sécher, et ass net ëmmer angenehm fir de Lé- gislateur, fir u sech d'Schrauf nach méi zouze- dréien, fir de Bierger dobaussen am Fong ge- holl nach méi ze sanktionéieren. An ech sinn och iwwerzeugt, dass déi Wéinegst heibannen dat mat grousser Iwwerzeegung oder mat Freed maachen. Mä d'Situatioun dobaussen ass nun eben esou, dass een awer an engem Rechtsstat och als Législateur forcéiert ass, wann ee gesäit, dass awer gewëssen Iwwer- schreidungen net méi akzeptabel sinn, dass een dann och dee Moment muss reagéieren.

Natierlech gëtt dann oft d'Argument vun dem Agrëff an d'Fräiheet zitëiert. Autofuere gëtt na- tierlech als e Stéck Fräiheet duergestallt. Jo, dat ass natierlech net falsch. Mä et muss een awer och wëssen, dass de Fräiheitsgenoss seng Grenzen huet, a besonnesch am Stroossever- kéier. A mir mussen awer leider feststellen, dass eenzel Leit dat nach ëmmer net verstanen hunn. Dowéinst ass et mat Sécherheet vertrie- bar, dass de Législateur hei op deen dote Wee geet.

An éischer Linn geet et natierlech ëm d'Vitesse. Dat ass keng nei Erkenntnis. Mir wëssen dat. Wa mer d'Statistik kucken, ass de Gros vun den Ac- cidenter, virun allem vun den déidlechen Acci- denter, natierlech op d'Vitesse zrëckzeféieren. Dowéinst ass et och begrëssenswäert, dass hei u sech Modifikatioune kommen, dass Erhéijunge vun der Punktenzuel kommen, sief dat vun zwee op véier, wann een, wéi gesot, 50% iwwert der erlaabter Vitesse läit oder op d'mannst 40 km/h iwwert dem Maximum gefuer ass. Dat ass rich- teg.

An ech wëll hei virun allem op d'Situatioun an de Zones 30 hiweisen. D'Zone 30, déi jo och e laange Wee gaangen ass, wou eng grouss Re- tizenz war a ganz ville Gemengen - nach haut! -, wou eenzel Gemengen nach ëmmer e bësselchen zécken, fir d'Zone 30 anzeféieren! Ech kann dat awer roueg aus eegener Er- fahrung soen: Do soll een de Courage hunn, och wann dat am Ufank politesch net ëmmer onbedéngt gewënnbréngend ass. Mä mat der Zäit stellt sech do awer eng ganz aner Mentali- téit an d'Leit gesinn och ganz séier, wéi wichteg dat et ass, dass et Zones 30 ginn.

(**Mme Simone Beissel prend la présidence.**)

Mä op där anerer Säit muss een awer feststel- len, dass et nach ze vill Autofuere ginn, déi mengen, d'Zone 30, dat wär just e Schëld, mä et bräicht ee sech net un déi Reduktioun vun der Vitesse do ze halen.

Datt den Délit de grande vitesse hei vu véier op sechs Punkten eropgesat gëtt, ass fir eis eng Evidenz, well schlussendlech handelt et sech hei ëm Récidivisten. A Leit, déi eng kéier eng giel Kaart kruten, an d'Fussballspiller wëssen dat am beschten, wann een eng rout kritt, dann ass d'Spill eriwuer! Dowéinst, wéi gesot, kënne mir ganz gutt dermat liewen, dass hei eng Modifikatioun virgeluecht gëtt.

Ech wëll an deem Kontext och nach drop hiweisen, wa mer iwwert d'Vitesse schwätzen, dass de Moment jo d'Diskussioun an enger Rei Länner leeft, fir zum Beispill ausserhalb vun den Agglomeratiounen, méi spezifesch op verschid- dene Landstroossen, d'maximal Vitesse vun 90 op 80 km/h erfrozesetzen. Ech weess, dass och dat eng ëmstridden Iddi ass. Ech hat an deem Kontext och eng Question parlementaire un de





Minister geschriwwen, deen a priori sech net dergéint ausgeschwat huet, och net direkt derfir, wat ech och verstinn, soudatt do jo och e Groupe de travail agesat ginn ass. Et gétt natierlech Leit, déi dat befürworten, och hei zu Lëtzebuerg, d'Sécurité Routière zum Beispill. Et ass eppes, doriwwer sollt een zumindest nodenken. A vläicht kann den Här Minister och herno dozou kuerz eng Ausso maachen.

Wa mer, wéi gesot, nach um Niveau vun der Vitesse sinn: Mir sinn och de Moment jo an der Diskussioun an der Chamberskommissioun iwwer d'Installatioun vu Radaren. Och dat ass eng Moosssnam, déi net jiddwerengem gefällt. Ech kann allerdéngs hei scho soen, datt d'Demokratesch Partei awer wäert zu deem Gesetz och hir Zoustëmmung ginn.

En zweeten Aspekt vun der ganzer Problematik ass natierlech den Alkohol. Den Alkohol, dee jo awer mat der Vitesse den Haaptfaktor vun deene villen Accidenter ass! Datt och hei elo Modifikatiounen geholl ginn, dat kënne mer nëmmen ënnerstëtzen. Ech ka mech nach gutt erënneren, wéi d'Erofsätze vun 0,8 % op 0,5 % vum deemolegen Transportminister Lucien Lux décidéiert gi war, dat huet him natierlech net nëmmen Zoustëmmung abruucht.

Et muss een awer och hei nach eng Kéier ganz kloer soen, datt Alkohol an Autofuerer sech net onbedéngt gutt verdoeren an datt nach wie vor natierlech gär emol Autofueren ënner Alkoholafloss e bëssen als Kavaléiersdelikt ugesi gétt. Ech mengen, do soll een éierlech sinn: Déi Wéindegst kënne soen, datt se vläicht nach ni (veuillez lire: nach ni, wa se eppes gedronk haten) - och wann et nëmmen e Patt war - awer Auto gefuer sinn. Mä et muss een awer och do ganz kloer ënnersträichen, datt dat awer wierklech dee Faktor ass, dee ganz séier derzou féiert, datt Accidenter kënne passéieren. Dofir ass et och falsch, fir ëmmer dat ze verharmlosen.

Ech fannen et och richteg, datt verschidde Chaufferskategorien natierlech net sech kënnen erlaben, deen Alkoholgehalt am Blut ze hu wéi den duerchschnëttleche Chauffeur. Ech denken natierlech hei besonnesch un d'Berufsschaufferen. Si hunn eng zousätzlech Verantwortung am Verkéier.

Neierdéngs, an ech hunn dat net méi spéit wéi de Moien an der Zeitung gelies, gétt et anscheinend elo en neie System, an zwar eng sougenannt „Spär“, dat heescht, wou ee selwer muss am Fong geholl en Alkoholtest maachen a wann deen natierlech dee Moment positiv ass, da kann een de Motor net umaachen. Bon, d'Technik léisst sech ëmmer nei Saachen afaalen. Ob dat elo en Element ass, wat een an Zukunft soll gebrauchen, dat loossen ech de Moment emol nach am Raum stoen.

Ech muss awer an deem Kontext hei eng Remarque maachen, déi vläicht elo net schrecklech populär fir eenzel Leit ass. Ech ginn awer ganz éierlech zou, ech hunn d'lescht Woch Kenntnis vun engem Uerteel geholl, do ass en Autofuerer, dee fir d'Veiert - fir d'Veiert! - erwëscht ginn ass, datt en en ze vill héijen Alkoholtaux hat. Bei der véierter Kéier huet en e Motofuerer déidlech - déidlech! - ugestouss. D'Uerteel ass ausgefall: 42 Méint Fuerverbuert, allerdéngs kann en nach op d'Aarbecht fueren, respektiv eng Geldstrof vu 500 Euro a 15 Méint Prisong mat Sursis.

Et steet mir elo net un, hei dat Uerteel ze kommentéieren. Ech mengen, doriwwer soll jiddweree sech seng Gedanke maachen. Ech huele mer awer trotzdeem d'Fräiheet hei eraus, mer awer zumindest meng Gedanken iwwert d'Héicht vun deem Uerteel ze maachen an hei awer meng Verwunnerung do auszedrücken.

En aneren, weidere wichtege Aspekt ass natierlech awer och an där ganzer Problematik den Drogenafloss eriwuer op d'Autofueren, wou sech och ëmmer méi gréisser Schwierigkeiten erausstellen. Ech mengen, d'Statistik beweist dat och, datt vill Accidenter zréckzeféiere sinn op Leit, déi ënner Drogenafloss sinn, respektiv op Medikamentekonsum. A besonnesch sinn et jo do psychotropesch Medikamente, déi leider ëmmer méi an eiser Gesellschaft genotzt ginn, déi awer och en negativen Impakt op d'Autofueren hunn. An och dat ass eng Entwécklung, déi mer op kee Fall kënnen ignoréieren. Och do muss d'Fro gestallt ginn, ob net misste méi zousätzlech prophylaktesch Kontrolle gemaach ginn.

Ech wëll och do drop hiweisen, datt zum Beispill am Moment franséisch Chercheuren un engem Projet schaffen, fir op Basis vun enger Spautanalyse feststellen, wéi héich de Middegkeetsgrad vum Chauffeur ass. Och do, wéi gesot, hat ech dem Minister eng Kéier eng Fro gestallt. Ech weess, dat sinn natierlech elo nach

Projeten, déi an engem embryonalen Zoustand sinn, déi natierlech a priori och vläicht net onbedéngt populär kléngen. Mä, wéi gesot, nach eng Kéier, wat ëmmer priméiere muss, dat ass natierlech d'Sécherheet besonnesch vis-à-vis vun all deenen Autoschaufferen, déi sech korrekt am Verkéier verhalten.

En anert Element, wat jo dann och hei zousätzlech Punkten an Zukunft wäert bedeuten, dat ass d'Telefonéieren am Auto. Och do - ech mengen, jiddweree mécht déi Erfahrung praktesch all Dag - begéint ee regelméisseg Leit... Net méi spéit wéi de Moien, wéi ech heihinner komm sinn, hunn ech nach e Buschauffeur gesinn erëm mam Handy do fueren! Ech mengen, da muss een awer ganz éierlech sech Fro stellen. An dat ass net en Eenzelfall gewiescht. Do ass et natierlech besonnesch grav, mä et gesäit een einfach nach ze vill Leit, déi sech d'Recht eraushuelen, mat där enger Hand ze fueren a mat där anerer Hand ze telefonéieren. Dat kann einfach net sinn! An datt do eben och elo Punkteverloscht virgesinn ass, ass net méi wéi richteg.

Iwwerhaupt - ech soen dat elo e bësse méi a mengem perséinlechen Numm hei - muss ee sech d'Fro stellen, wéi wäit datt Telefonéieren insgesamt, och mat enger Fräisprechanlag, awer trotzdeem de Chauffeur deelweis ka vu senger Konzentratioun oflenken. Well et ass nach ëmmer en Ennerscheid, ob ee mat engem schwätzt, deen niewent engem sëtz, oder ob een enger Stëmm muss nolauscheren, déi aus engem sougenannte Lautsprecher kënnt. Ech wëll och drop hiweisen, datt zum Beispill a Frankräich d'Telefonéiere beim Autofueren, datt dat déi véiertheefegst Ursach ass vun den Accidenter. Och dat, mengen ech, misst also ouni Zweifel ze denke ginn!

Datt et eben awer nach ëmmer vill Autofuerer och ginn, déi kee Sécherheetsgurt undinn, ass natierlech verwonnerlech. Do huet de Virriedner, de Roger Negri, allerdéngs recht, ouni datt een natierlech kann do lescht Beweiser bréngen. Mä et kënnen awer och do aner Ursachen dru schold sinn. An awer si mer eis jo och bewosst, datt et nach ëmmer Leit ginn, déi d'Uleeë vum Gurt als eng Aschränkung gesinn. An och do soll een awer ganz kloer drop hiweisen, wéi wichteg datt et ass, datt de Gurt awer ugeluecht gétt. Datselwecht géllt fir d'Kannersëtzer. An et ass och inakzeptabel an och, wéi gesot, guer net responsabel als Elterendeeler, wann ee Kanner op eng net adequat Manéier am Auto mat transportéiert.

En neit Phenomeen, wat elo am Fong geholl dann och Agang fënnt an d'Modifikatioun hei vum Gesetz, dat heescht, wou och elo an Zukunft Punkte wäerten ofgezu ginn, dat ass natierlech dat, wat een och bal all Dag virun allem op den Autobunnen erlieft: wa verschidde Leit engem praktesch hannen op der Stoussstaang pechen a mengen, et misst ee méi séier fueren, obwuel ee sech un déi normal virgeschriwwen Vitesse hält. Och dat ass eng Situatioun, déi inakzeptabel ass, déi och ganz geféierlech ass. Wann et muss zu engem akute Bremsmanöver kommen, kenne mer d'Suitten.

Och do muss een natierlech de Moment soen, datt et relativ schwiereg vläicht ass, vum technesche Standpunkt aus, fir dat definitiv feststellen. Mä ech mengen, wann d'Radaren agefouert ginn, dann dierft dat och manner problematesch sinn, fir, wéi gesot, déi Ofstänn do ze fixéieren.

Ech wëll an deem Kontext awer vläicht och eng Fro nach un de Minister stellen. Besonnesch op franséischen Autobunne gétt regelméisseg op déi Problematik vum Ze-no-Opfueren duerch Panneauen higewisen - respektiv d'Säitesträifen, déi dann ënnerbrach sinn -, wou den Autofuerer drop higewise gétt, wat en am Fong geholl misst als Mindestofstand respektéieren. Ech weess, mir hunn natierlech vill méi e klengen Autobunnsréseau, mä d'Fro ass awer vläicht pertinent, ob et net op där enger oder anerer Plaz och hei zu Lëtzebuerg vläicht net vu Muttwëll wär, fir och dann esou Moosssname virzugesinn.

Ech wëll dann och drop hiweisen, datt de Minister jo - och schonn an deem fréiere Gesetz - natierlech d'Fakultéit huet, fir ze décidéieren, wéi laang d'Validitéit vum Führerschäin ass, wann d'Sanktiounen festgestallt ginn. Ech mengen, och do soll een eng ganz kloer Linn hunn. Och do soll een natierlech wëssen, datt en éischt Vergehen net onbedéngt eppes extrem Graves ass, sofern et sech ëm eng normal Sanktioun handelt, datt een och do, wéi gesot, muss wëssen, wéi ee sech wéini am Fong geholl dann als zoustännege Minister ze verhalten huet. Mä ech mengen, bis elo ass awer do keng gréisser Problematik ze erkennen.

Wou et natierlech awer keng Gnod däréi ginn, dat ass bei Récidivisten, besonnesch wann een... Wéi gesot, dat Beispill, wat ech virdu genannt hunn, do, mengen ech, däréi een awer net zécken, fir am Fong geholl méi haart kënne virzegoen.

E bëssen ass zwar och ze bedauern, wéi gesot, wa mer am Beräich vum Punkteführerschäin sinn, datt dat natierlech nach ëmmer net europäesch harmoniséiert ass, datt am Fong geholl do awer nach muss légiféiert ginn, fir datt eben och innerhalb vun der ganzer Europäescher Unioun Sanktiounen gläich gesi ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass virdu och schonn hei ugeklongen: Natierlech geet et net nëmmen duer, datt ee repressiv Moosssnamen hält. Natierlech sinn awer och infrastrukturell Ursachen do, an och den Zoustand vum Auto ass eng Ursach, firwat datt et zu Accidenter kënnt, obwuel dat natierlech éischter a méi begrenzte Fäll de Fall ass. Wa mer schonn, wéi gesot, bei den Infrastrukturen sinn, dann ass een och ganz séier bei deenen Aarbechten, déi munchmol u Stroosse gemaach ginn, sief dat, datt geféierlech Kéieren erausgeholl ginn, sief dat, datt d'Stroossen am Fong geholl verbreedert ginn. Obwuel dat, wann een esou zréckkuckt, och net ëmmer mat deem ganz groussen Erfolleg de Fall war.

Ech wëll vläicht nach op ee Punkt hiweisen, dat ass den Aspekt vun de Stroossebeem. Och do ginn d'Meenungen auseneen. Mir hu Leit, déi kategoresch dergéint sinn, datt mer iwwerhaupt nach e Bam laanscht eng Strooss setzen. Anerer gesinn dat komplett anescht. Ech gi ganz éierlech zou, datt ech vläicht dann éischter zu där zweeter Kategorie gehéieren, wat awer net soll verhënnere, wann natierlech awer elo extrem Situatiounen weisen, wou e Bam wierklech e Geforepunkt duerstellt, datt do och natierlech soll d'Motorsee geholl ginn. Mä ech warnen awer do virdu, fir elo ze mengen, mir misste schéin Alleeë laanscht d'Stroossen einfach ofseeën, aus den Rücksicht op d'Autofuerer. Well ech menge souguer, datt dat éischters esouguer ka positiv sinn, wann ee Landstroossen huet, déi am Fong geholl encadréiert sinn, och duerch Beem. Ech weess jo awer, datt de Minister jo awer do aus engem Eck kënnt, wou wahrscheinlech dann d'Motorsee net esou séier wäert geholl ginn, fir Stroossebeem ewechzemaachen.

Här President, ech wëll awer dann och nach drop hiweisen, datt et awer evident ass, wa Sensibilisierungscampagnen an och d'Éducation net dat gewënschent Zil errechen, datt dann natierlech muss an engem Rechtsstat och légiféiert ginn. Dat maache mer haut. Mir setzen haut en neie Kader. Mir änneren de Code de la Route ëm.

Ech wëll och hei kloer ënnersträichen, datt mer insgesamt déi Transportpolitik, déi de Moment hei vun där Regierung a méi spezifesch vum Minister gemaach gétt, datt mer déi ënnerstëtzen, well net gezéckt gétt, hei wierklech mam Fanger op d'Wonn hinweisen. Si stellen also, wéi gesot, als Demokratesch Partei dës Politik net a Fro, ganz au contraire. Mir sinn och do am Aklang mat eise Wahlprogramm, wou ech ganz kuerz däréi nach eng Kéier zitieren aus dem Joer 2013: „Wir stehen zu den pädagogischen und präventiven Maßnahmen wie beispielsweise dem Punkteführerschein. Wir wollen den Kampf gegen die Verkehrstoten und -verletzten konsequent fortsetzen.“

Dofir begrëisse mer an deem Sënn och déi Campagne, déi de Minister elo lancéiert huet: „Vision zéro“; „zéro victimes“ anscheinend. Sécher, dat ass ganz ambitiéis. Och do solle mer awer realistesch sinn. Mir wäerten dat Zil mat Sécherheet - leider! - net errechen. Obwuel een net ze vill defätistescht soll an d'Zukunft kucken. Mä mir sollen awer alles maachen - alles maachen! -, fir datt esou mann wéi méiglech schwéier Verkéiersaccidenter, virun allem mat Verletzten a scho guer net mat Doudegen, an Zukunft wäerte gescheien!

Ech wëll och hei ofschléissend all deenen Akteure Merci soen, e ganz grouse Merci soen, iwwert, wéi gesot, déi staatlech Instanzen eraus, virun allem och um private Plang. Ech denken un d'Sécurité Routière, ech denken un d'AVR. Och dem Jeannot Mersch e ganz grouse Merci fir seng onermiddlech Aarbecht, déi en an deene leschten 20 Joer geleescht huet. Och den Automobiles-Club wëll ech hei mat aschléissen.

D'Demokratesch Partei wäert selbstverständlech hir Zoustëmmung zu dësem Gesetz ginn. Ech wëll awer och ofschléissend der Rapportrice, dem Josée Lorsché, Merci soe fir säin ausféierlechen an interessante Rapport.

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **Mme Simone Beissel, Présidente de séance.** - Merci dem Här Graas. Als nächste Riedner ass ageschriwwen den Här Roy Reding.

► **M. Roy Reding (ADR).** - Merci, Madame Presidentin. No deenen éischter repressiven Téin vun der DP, erlaabt Der mer e puer méi liberal Remarquen zu dësem Text. Et ass gutt, datt et d'Chamberblietche gétt. Et gétt ëmmer manner gelies, mä et ass esou wichteg, well et

erlaabt, iwwer Generatiounen vu Mënschen an iwwer Generatiounen vu Politiker nozeliesen, wat d'Leit motivéiert huet, fir Texter anzeféieren a wat dozou gesot gouf.

Dat heite Gesetz verännert d'Gesetz vum Punkteführerschäin vun 2002. Deemools gouf dat Gesetz motivéiert duerch d'Sécurité routière, obwuel festgehal gouf, datt tëschent 1980 an 2000 de Verkéier méi wéi doubléiert hat an d'Accidenter méi wéi halbéiert haten. Dat heescht, nodeem mer feststellen, datt e Problem nëmmen nach e Véirel esou grouss ass, wéi e virdu war, maache mer emol e Gesetz. An haut ass et genau d'selwecht. D'Rapportrice huet eis d'Zuele rappeliert. Gott sei Dank gounge d'Doudesfäll vun 2002 op haut nees ëm d'Halschent erof, obwuel de Verkéier an darselwechter Zäit nees doubléiert huet.

D'Rapportrice gesäit do en Zesammenhang tëschent dem Text iwwert de Punkteführerschäin. Fir mech ass deen net onbedéngt ze erkennen. En ass och onméiglech ze etabléieren.

Säit dem Gesetz hunn 178.856 Chauffere Punkte verluer, an nëmmen 1,5% all d'Punkten. Hei wëll ech op de Marco Schank agoen, dee gesot huet: Déi Leit hunn déi Punkte verluer net fir déi mannste Vergehen! Dir kënnt mer jo awer net soen, datt mer hei zu Lëtzebuerg 178.000 Rowdyen hunn.

E Véirel vun de Punkten, déi verluer gi sinn, war weinst Vitesse. Huelt en einfach, konkret Beispill: Um Enn vun der Autobunn Esch war d'Vitesse limitéiert op 50 Kilometer an der Stonn, et ass entre-temps eropgaangen op 70. Wann een also do bis 75 kouw, huet een zwee Punkte verluer. Waren déi Leit, déi do mat 75 gepézt gi sinn, waren dat Rowdyen? Hunn déi Doudeger causéiert? Oder hätten déi Doudeger causéiert? Neen, si hätten et net!

(**Interruption**)

Duerch déi ganz Bürokratie an de Generalverdacht, ënnert deen d'Chaufferen hei gestallt ginn, ännert sech, a mengen Aen, näischt. Firwat solle mer haut esou e Gesetz dann och nach verschärfen, trotz deene Bedenken, déi deemools, zu Recht, geäussert goufen? Rechtsstaatlech Bedenken, déi virun allem d'LSAP deemools, mat Recht, virbruecht huet.

Mä gudde Frënd, de leider allze fréi verstuerwene Marc Zanussi, huet deemools an der Debatte de Jean Bour zitiiert, de Procureur, dee sot: «Que seule l'application personnelle de toutes les circonstances par un juge pourrait garantir dans ces circonstances une justice équitable.» Et geet ebe just drëm, net bei enger Infarktioun ze soen: Ma déi ass objektiv déiselwecht, also kascht se véier Punkten. Et geet drëm, datt e Riichter ka beuerteelen, wat d'Circonstancen dovun waren. En Délit de grande vitesse, a mengem Beispill um Enn vun der Escher Autobunn, mat 76, oder en Délit de grande vitesse, mat 200 iwwert d'Collectrice du Sud, ass dach net datselwecht.

Weider huet en deemools gesot, an och dat war fundamental ganz richteg, ech zitieren: „Een anere juristesche Problem, dee sech stellt, ass dee vum Cumul vun de Peinen. De Conseil d'État huet elo rezent, an engem Avis iwwert d'Aarbechtsrecht, eng Opposition formelle gemaach, well an deem Text e Cumul des peines enthalte war. Leider ass déi Meenung vum Conseil d'État bei dësem Projet net erëmmkomm.“

„Mir hunn“, sot de Marc Zanussi deemools am Numm vun der LSAP, „Mir hu Schwierigkeiten dermat, dass e Cumul des peines an dësem Projet méiglech ass. Engersäits kann een de Führerschäin entzu kréien duerch e Jugement vum Tribunal, zweetens duerch de Verloscht vu Punkten an drëtzens duerch en administrativen Entzuch.“

Ech géif nach derbäifügen: Haut kann ech en och nach verléieren automatesch, wann ech an enger graver Infarktioun sinn, an ech kann en och nach entzu kréien duerch den Untersuchungsrichter.

Da seet de Marc Zanussi weider: „Och hei seet de Parquet général a sengem Avis: «Le cumul de l'interdiction de conduire et de la suspension de conduire peut aboutir à des excès au niveau de la répression.»“

Mä net nëmmen de Marc Zanussi an d'LSAP hunn deemools absolutt verständlech a richteg Bedenke geäussert, mä och mäi Parteikolleg Fernand Greisen huet dat deemools exzellent analyséiert, wéi e sot: „Den ADR“ - deemools war et nach den Aktiounscomité an net d'ADR, d'Partei -, ass géint all onnéideg Bürokratiséierung, besonnesch wann de Risiko besteet, de Bierger per Mausclick einfach ze kontrolléieren.“ Alt nees eng Kéier, ech kommen automatesch op eng Lëscht, automatesch kréien ech Punkten, peu importe wéi schlëmm mäi Vergehe schlussendlech objektiv war.

En huet viru gesot: „Am Résumé: Den ADR kann dësem Projet seng Zoustëmmung net





ginn. Mä mir sinn net géint eng Verbesserung a Kontroll. Eis Propositionen ginn an eng aner Richtung. Et geet drëm, fir eis Stroosse méi sécher ze maachen, fir se auszubauen, a fir geféierlech Strecken a Kräizunge méi sécher ëmzebauen. Et geet ëm eng Upassung vun der Signalisatioun, besonnesch um Niveau vun der Geschwindegkeetsbegrenzung. Den ADR ass fir méi preventiv Präsenz vun der Police um Terrain, mat effikasse Kontrollen do wou néideg. Déi heiteg repressiv Méiglechkeete missten duergoen, fir de Respekt vum Code de la Route duerchzusetzen. Den ADR lehnt eng allgemeng Kriminaliséierung vum Automobilist of."

Ech kann dat och haut nach ëmmer, am Numm vu menger Partei, nëmmen ënnerschreiwen. Mir bleiwen eis trei a mir bleiwe bei dëser Meenung.

Et ass vun de Beem geschwat ginn. Et sinn net d'Beem, déi den Accident verursaachen, dat ass ganz kloer. Mä wann ech d'Kontroll iwwer mäin Auto verléieren, zum Beispill well et rëtscheg ass, no enger ganz laanger Zäit wou et dréche war, dann ass et en Ënnerscheed, ob ech an e Bam rennen oder an e Feld. A wa mer keng Beem ewechmaachen, dat kann ech novollzéien, ech sinn och e Frënd vu Beem, da solle mer awer wéinstens keng nei Beem méi laanscht d'Strooss planzen.

Ech huelen en anert Beispill, Weiler-la-Tour, déi schrecklech Accidenter, déi do passéieren. Do gëtt et eng Léisung, an dat ass eng Unterföhrung, genausou wéi se gemaach ginn ass zum Beispill op der lechternacher Streck op der Kräizung Bech - Konsdref, wou och iwwer laang Joren ewech ëmmer erëm déidlech Accidenter ze bekloe waren. Saitdem dat gemaach gouf, ass dee Point noir verschwonnen.

Ech mengen, iwwert d'N7 - de Kolleg Kaes ass leider net do, soss wier en elo ganz frou - brauche mer net ze diskutéieren, wéi vill Accidenter op där dräispureger Strooss geschéien, déi net onbedéngt néideg wieren, wann ee géif eppes maachen.

D'Autobunnbelichtung ofzeschaffen, Här Minister, war an eisen Ae keng ganz gutt Iddi fir eng méi grouss Verkéierssécurité.

A wa mer dann den Detail kucken - ech wëll lech net vill méi laang langweilen -, kommt mir huelen einfach dat Durchfahrtsverbot „Anrainer frei“: zwee Punkten. Wéi vill Doudeger hu mer am Joer, well iergendee Mënsch duerch eng „Nur-Anrainer-Strooss“ fiert? Keen Eenzege! Et ass eng Infraktioun, jo. Wann ech gepëtzt ginn, ginn ech gestrooft, jo. Mä firwat soll ech dofir Punkte verléieren op dem Führerschäin? Dat ka kee Mënsch mir glaubhaft maachen.

D'ADR bleift sech trei a mir stëmme géint dësen Text.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance.* - Merci dem Här Reding. Ech hunn elo keen ageschriwwene Riedner méi. Da géif ech der Regierung d'Wuert ginn an ech géif den Här Transport- an Infrastrukturminister François Bausch hei op d'Tribün bidden.

### Prise de position du Gouvernement

► **M. François Bausch**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.* - Merci, Madame Présidente. Ech wëll fir d'Éischt der Madame Rapportrice Merci soe fir hire gudden an ausféierleche schrëftlechen a mëndleche Rapport, souwéi och deene meeschten Intervenantë vun haut de Mëtteg.

Madame Présidente, Dir Dammen an Dir Härren, déi Fro vun der „Vision zéro“, déi gëtt ëmmer gär diskutéiert an och falsch verstanen. Do gëtt da gesot: Jo, dat ass jo onrealistes a wou kann iwwerhaapt ee Minister oder eng Regierung sech esou eng Zilsetzung setzen. Mä ech kann lech soen, ech sinn der Meenung, datt, wann ee Minister, dee responsabel ass fir d'Verkéierssicherheit, sech déi do Visioun net gëtt, da bedreift e blanken Zynismus!

Well et ka jo net d'Zil si vun engem Minister, fir ze soen: Elo hu mer 40 Doudeger, mat 30 wär ech zefridden oder mat 20 wär ech méi zefridden, wat och ëmmer. Ech kann nëmmen eng eenzeg Visioun hunn, dat ass déi, fir keng Verkéiersdoudeger a keng Verkéiersblesséierter ze kréien.

An duerfir ass dat och déi eenzeg eigentlech realistesch Visioun, déi eng Regierung kann oder muss hunn. An et ass och déi, déi dës Regierung sech gesat huet. An deen Aktionsprogramm, dee vielfälteg Facetten huet - déi gi vun der Sensibiliséierung iwwert d'Prevention bis zur Repression -, deen hunn ech der Chamber och hannerluecht. De Regierungsrat huet dee virun e puer Wochen ugehall. An ech hu jo och ugefrot beim Chamberspräsident, fir en Débat de consultation ze féieren eng Keier hei an dëser Plénière iwwert dee ganzen Aktionsplang do.

Ech soen lech awer direkt, ech hoffen, datt deen Aktionsplang diskutéiert gëtt op eng sachlech Aart a Weis, an datt sech wierklech domat ausenanageresat gëtt an net, wéi ech dat elo just hu missen héieren, datt mat Methode geschafft gëtt, déi aus der ënneschter Tricklésch si vun der Polemik a vun der Demagogie, fir sech mat engem Thema ausenanageresetzen.

Ech sinn der Meenung, datt dat heiten e ganz eescht Thema ass an datt et hei ëm Mënscheliwee geet. A wann et ëm Mënscheliwee geet, da soll ee sech wierklech gutt iwwerleeën, ier ee schnell aus der Héft iergendeppes zielt. An da soll ee sech vläicht emol dee Misär ukucken, deen an eiser Gesellschaft geschafte gëtt duerch déi vill Doudeger a Blesséierter op eise Stroossen.

► **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*), *rapportrice.* - Très bien!

► **M. François Bausch**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.* - Da soll ee sech dee Käschtepunkt, deen astronomesche Käschtepunkt emol eng Keier ukucken, deen dat fir d'Gesellschaft bedeit.

Ech wëll lech just nëmme soen, datt een Doudegen op eiser Strooss, niewent dem Misär an dem Leed, deen et bedeit fir déi, déi betraff sinn, fir d'Famill an den Entourage, dee ronderëm ass, datt een eenzege Doudegen op der Strooss d'Gesellschaft 350.000 Euro kascht zousätzlech. Dat si Käschtepunkten, déi sinn enorm!

A wann ech dat mat deem ganze Misär am Verhältnis kucken, ech mengen, wann ech mer dat emol genau ukucken, ech mengen, da muss een einfach aneschtens driwwer schwätzen, wéi ech dat elo just grad héieren hunn.

Wéi gesot, et gëtt dräi Pilieren, op déi ee muss opbauen. Repressioun eleng ass sécherlech net deen eenzege sënnavolle Piler. Déi mécht nëmme Sënn am Zesummenhang mat der Prevention a mat der Sensibilisation. An duerfir gëtt och op deenen dräi Niveauen ugesat mat enger ganzer Palette vu Mesuren.

An et ass och esou, datt ech den 12. Mee eng Pressekonferenz wäert maachen, wou ech eng Campagne wäert virstellen, déi hiweist op dat, wat sech am Punkteführerschäin elo geännert huet. Awer déi op eng Aart a Weis drop hiweist, datt se an engems och schonn erëm sensibiliséiert. Dat heescht, datt mer wierklech higin an net nëmmen einfach soen, Dir verléiert esou vill Punkten, wann Der dat an dat Vergehe maacht, mä och d'Konsequenzen nach eng Keier hannendru gewise ginn, wat duerch déi Vergehe geschitt.

(**M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.**)

Dann ass et och esou, datt gefrot ginn ass a gesot ginn ass de Mëtteg hei, ech mengen, et war den Här Schank, dee gesot huet: Wat muss mer eis nach alles afale loossen, vläicht och vu méi kreativen Aktiounen, déi mer kënnen maachen, oder wat gëtt et oder wat huet d'Regierung wëllen? Bon, do sinn der eng Rei an deem Aktionsprogramm och dran. Ech wëll der dräi erausschelen, déi menger Meenung no ganz wichtig sinn.

Déi Éischt ass déi, datt ugeduecht ass, dat ass natierlech nëmmen ugeduecht, mä mir wëllen dat awer wierklech maachen an dëser Legislaturperiod, och eng Reform vum Führerschäin. An eng Reform vum Führerschäin an engem Sënn, datt mer beim Führerschäin an Zukunft méi Wäert wëllen drop leeën och op d'Konsequenzen, déi kënnen entstoen, jee nodeem wéi ee sech mam Auto verhält. Dat heescht net nëmmen einfach d'Regele léieren, och ze léiere wéi ee fiert, mä och wierklech méi Wäert drop ze leeën, fir opzewiese wat geschitt jee nodeem, wann ee sech net u Regeln hält, wann een ze séier zum Beispill fiert an esou weider.

Firwat ass dat esou wichtig? Mä ganz einfach well ech iwwerzeegt sinn, datt dat ee vun de groussen Problemer ass, dee sech an eiser Gesellschaft mam Émgang mat motoriséierter Gefierer stellt. Dat ass, datt déi meescht Mënschen, ech géif souguer bal soen, all d'Mënschen, alleguer, och wéi mir heibanne sinn, ginn dovun aus, datt se, wa se de Führerschäin gemaach hunn, „Auto“ - entre guillemets - kënnen fueren, datt se dat Gefier do och beherrschen, an datt am Fong duerfir et just drop ukënn, net wann een Accident ass, ob een ze séier oder net ze séier gefuer ass, mä ob ee gutt oder schlecht ka fueren.

An dat ass eben dat, wou dee groussen Denkefeeler ass an där ganzer Geschicht: Et beherrscht een dat motoriséiert Gefier. Kee beherrscht et! Well kee kann et beherrschen, well et jo net ofhängeg ass och eleng vun deem Eenzelnen, deen domadder fiert, deen am Auto sëtz. Well, wann een op der Strooss sech déplacéiert, da kommen Honnerten Imprevuen engem an de Wee, déi einfach maa-

chen, datt et guer net méiglech ass, datt een dat Gefier ka beherrschen, esou wéi een dat a sengem Kapp heiansdo mengt.

An dat ass ee vun deene gréisste Problemer. An duerfir muss méi op d'Konsequenze vun dem Verhalen a vum Fieren higewise ginn, jee nodeem wéi et ass, wéi ee sech verhält. An do hu mer zu Colmar-Bierg, mat där Aarbecht, déi do gelescht gëtt, e gutt Instrument. Do gëtt et super Coursen, déi ugebuede ginn. Haut och schonn am Schoulberäich. Mir musse kucken, och déi ze verstärken.

An ech mengen, datt dat ëmmer erëm impressionnant ass. Ech war selwer eng Keier bal ee ganzen Dag op Colmar-Bierg kucken, wou ech mer déi eenzel Saachen do ugekuckt hunn, an ech war selwer och souguer erstaunt driwwer, iwwer verschidde Konsequenzen, déi verschidde Fuer- a Verhalensweise kënnen hunn. An dat ass dat, mengen ech, wou méi Wäert muss drop geluecht ginn.

Dat nämlech treëft och zou fir déijéineg, déi awer e Vergehe gemaach hunn, e Verstouss géint d'Regele gemaach hunn. Dat ass déi berühmte Peine pédagogique, wou mer musse méi Wäert drop leeën. Firwat mengen ech, datt dat wichtig ass? Mä ech mengen déi, déi sech de Film ukucke ware vun der Sécurité Routière, wou jo dat Beispill gewise ginn ass aus Frankräich, dat dokumentéiert ginn ass, wat dat bréngt, wann ee Leit iwwer Méint konfrontéiert am Fong mat Opfer, mat Verhalensweisen, wéi déi sech en cours de route verännern an deene Coursen. Et war wierklech impressionnant, dat ze gesinn.

An da kommen ech erëm op dat zréck, wat ech elo virdu gesot hunn. Firwat ass déi Verännere esou grouss? Ma well déi Leit, duerch déi Coursen an duerch déi Konfrontatioun mat Opfer, mat reelle Situatiounen, mat Diskussiounen, wou se ënnerteneen driwwer diskutéieren, e ganz anert Bild herno hunn iwwert de Stroosseverkeier, iwwert den Émgang mam Auto, mam motoriséierter Verkeier en général. Ech mengen, dat sinn Aspekter, déi vill méi eng grouss Roll mussen an Zukunft spillen.

An da sinn awer och esou Saache wéi, dat huet den Här Negri ugeschwat, de Roger Negri ugeschwat, mat de geféierleche Punkten, Zon 30 zum Beispill bei Schoulen. Firwat ass dat esou wichtig? Ma net, well mer elo wëlle jiddwereen emmerdéieren a soen, do muss de mat 30 fueren.

Mä fir einfach och daitlech ze maachen, datt zum Beispill oder virun allem am urbane Raum, datt do ee mam Auto, mam Motorrad - dat heescht, dat si jo dann déi Staark, déi do fueren -, oder mam Camion, wat et och ëmmer ass, e motoriséiert Gefier, mä datt een do net eleng ass. Do beweegt ee sech an engem Stroosseraum, wou permanent eppes ka geschéien, wou vill méi schwach Verkéiers- teilnehmer derbäi sinn, Foussgänger, Vélosfuerrer, wat et och ëmmer ass. An datt et duerfir wichtig ass, datt ee sech do deem upasst, datt een de Stroosseraum muss deele mat deene Leit. An deelen op eng Aart a Weis, déi natierlech aneschtens ass, wéi wann een op enger Autobunn fiert oder op enger Landstrooss fiert, wou een déi Geforen oder wou een déi Problematik net huet.

Natierlech mécht et elo kee Sënn, fir iwwerall einfach e Schëld mat Zon 30 dohinner ze setzen. An ech hunn en Aarbechtsgrupp virun engem Joer agesat am Ministère, deen ass awer elo esou wäit ofgeschloss, wou eng ganz Palette, éischters emol vun Evaluationsmesurë festgehalen gi sinn, ënner wéi enge Konditiounen een zum Beispill op Statsstroosse kann d'Vitesse op ënner 50 erofsetzen. Do spillen esou Saache wéi d'Schoulen, soen ech lech awer direkt, ganz sécher eng grouss Roll.

An dann awer och, wat ee muss maachen, fir datt et agehalen gëtt. Well et huet kee Wäert, einfach e Schëld dohinner ze setzen. Da muss de Stroosseraum och baulech gestalt ginn op där Plaz, datt wierklech d'Strooss dat och hiergëtt. Et huet kee Wäert op enger Strooss, wou den Autofuerer ageluede gëtt, mat 100 ze fueren, datt een do 30 dohinner setzt. Ech mengen, dat bréngt net vill.

An, wéi gesot, deen Aarbechtsgrupp huet elo d'Aarbecht ofgeschloss. Mir haten och eng éischt Sëtzung mam Syvicol. Mir wëllen de Gemengen dat presentéieren. An d'Zilsetzung ass, fir en neit allgemengt Regelwierk ze kréien, wat an déi Richtung geet, wat och op Statsstroosse Saachen erlaabt. Natierlech mussen awer och d'Viraussetzungen gi sinn, datt et e Sënn mécht, nämlech datt och wierklech aner Verkéiers- teilnehmer, déi méi schwach sinn, sech do ophalen, Vélosfuerrer, Foussgänger an esou weider. Also mir fänken net elo un, wahllos iwwerall einfach Zon 30 anzeriichten. Ech mengen, dat soll net den Zweck si vun deem Ganzen.

Da muss ech och soen, datt et ëmmer erëm wichtig ass, an duerfir war et mir an och der

Regierung esou wichtig, datt mer déi Debatt an der Chamber hei féieren, well all Diskussioun, och déi haut de Mëtteg, all Diskussioun dréit dozou bäi, datt d'Éffentlechkeet sensibiliséiert gëtt an datt sech méi am Detail emol ausenanageresat gëtt mat Verhalensweisen.

Ech muss lech soen, wéi elo déi Campagne war vun der Police, déi jo matgemaach huet dës Keier fir déi éischte Keier, déi 24 Stonne Kontrollen do, du ass jo e richtegen Déchaînement lassgaangen an de soziale Medien. An ech muss lech soen, ech kann nach verstoen, datt een, deen dann e Protokoll kritt, net frou doriwwer ass, an datt en doriwwer seet, ech sinn elo rosen. Dat ass net de Punkt. Mä wann ech do liesen, wat verschidde Leit zum Beschte ginn an de soziale Medien, da gesäit een, a wat fir engem Zoustand dës Gesellschaft ass. An do gesäit een och, wat an de Käpp vun de Leit ass, net alleguer, mä vun engem Deel, enger Minoritéit vun de Leit ass, déi sech op der Strooss bewegen.

An ech muss lech och soen, och bei de Punkten, et ass net esou, datt déi grouss Majoritéit Punkten ewechgehall kritt. Zweek Drëttel kriegen Punkten ewechgehall. Et ass eng Minoritéit, déi all déi Punkten hei ewechgehall kritt. An eleng dat beleet och, wéi richtig datt et ass, datt een déi Instrumenter hei mécht.

De Gros vun de Leit huet iwwerhaapt kee Problem domadder, well déi verhale sech esou, wéi ee sech soll verhalten, a verléieren och duerfir keng Punkten. Duerfir, de Problem stellt sech fir déi meescht Leit eigentlech an deem Sënn guer net.

An ech muss och soen, wat besonnesch erschreckend awer ass, dat ass, wann ech d'Zuele kucke vun 2014, datt ech muss feststellen, datt... Natierlech, duerch méi Kontrolléiert-Gi sinn och méi Infraktiounen festgestallt ginn an och méi Punkte verluer ginn. Mä wat besonnesch erschreckend ass, dat ass, datt besonnesch bei der Vitesse d'Punkten nach méi verluer gaange sinn, also d'lescht Joer 2013, wéi déi Jore virdu. An dat bestätegen och déi Zuelen, déi ech d'lescht Woch virgestallt hunn.

Dat ass, datt bei den Doudegen op der Strooss respektiv de Schwéierblesséierten zwar, Gott sei Dank, d'Zuelen erofgaange sinn, mä awer d'Zuel vum Prozentsaz, also de Prozentsaz bei den Ursaachen, firwat datt d'Accidenter, déi schlëmm Accidenter geschéien, vun der Vitesse souguer nach eropgaangen ass. Beim Alkohol huet et sech plus ou moins stabiliséiert, Gott sei Dank, mä bei der Vitesse ass et nach eropgaangen.

An duerfir ass et och esou evident, datt ee muss do usetzen. De Schlüssel vum Erfolleg, fir d'Doudeger a Schwéierblesséierter erofzekréien, dee läit derbäi, fir wierklech bei der Vitesse unzesetzen, mat alle Mëttelen, déi een huet, mä selbstverständlech och mat der Repressioun.

An dann nach ofschléissend, Här President, just bei den Zuelen awer eppes, wat ech wollt eraussträichen. Wann Der tëschent dem 1. November 2002, datt heescht, wou de Punkteführerschäin agefouert ginn ass, bis den 31. Dezember 2014 d'Zuele kuckt - da gëtt jo ëmmer gesot, et gëtt jo ëmmer esou gemaach dobaussen, wéi wann haaptsächlech Jonker géife Punkte verléieren, well dat wäre jo déi, déi kéinten net fueren an déi wären e bësse besonnesch kéng -, da stellt Der fest, wann ech kucken, datt vun all deene Punkten, déi ofgezu gi sinn, déi ënner 21 Joer 11% ausmaachen, tëschent 21 a 24 Joer 2,5% ausmaachen, tëschent 25 a 35 Joer 16,9%.

An da kënnt et! Tëschtent 35 a 44 Joer 25% an tëschent 45 a 54 Joer 27%. Bon, natierlech sinn déi Kategorien, dat ass de Gros vun der Bevëlkerung, dat ass richtig.

► **Une voix.** - D'Halschent.

► **M. François Bausch**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.* - Duerfir, déi stelle méi duer an der Gesellschaft. Mä awer soen déi Zuelen och, datt et déi aktiv Bevëlkerung ass, déi natierlech och am meeschte fiert. An duerno, mam Alter geet et natierlech selbstverständlech erëm méi erof.

Duerfir, et ass schonn, wéi den Här Schank et richtig gesot huet: Et betrëfft all Alterskategorien an all sozial Schichten. An duerfir sinn ech och dankbar derfir, datt mer esou eng breet Zoustëmmung hei an der Chamber fir dee Gesetzesprojet hei kréien. Well dat gëtt och, dat weist och no baussen, datt de Wëllen do ass vun der gesamter Politik, fir deem Misär op eise Stroossen en Enn ze setzen. An datt mer eng Fuerweis kréien, déi op e Respekt opgebaut ass an déi dann eigentlech och mécht, datt déi in-





dividuell Fortbewegungsmëttel, déi jo wierklech och vill Virdeeler hunn an och flott kënne sinn, datt déi esou behandelt ginn an datt domadder esou ëmgaange gëtt, wéi dat sech an enger ziviliséierter Gesellschaft gehéiert.

Ech soen Iech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Minister.

Domat wäre mer um Enn vun eisen Diskussiounen ukomm a mir géifen ofstëmmen iwwert den Ensemble vum Projet de loi 6399.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 6399 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmung fänkt un. D'perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

59 Participatiounen um Vote: 56-mol Jo, 3-mol Neen. Domat ass de Projet ugeholl.

*Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6399 a été adopté par 57 voix contre 3 voix.*

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval (par Mme Nancy Arendt), Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert (par Mme Diane Adehm), MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis (par M. Félix Eischen), Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Claude Wiseler) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Lex Delles), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Serge Urbany et David Wagner.

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

An ech wollt Iech froen, ob Der bereet sidd, d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

**(Assentiment)**

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

Mir kommen dann zu eise n nächste Punkt vum Ordre du jour, wou eisen Ausseminister bezuungsweis Minister fir Immigration an Asyl eng Deklaratioun wäert ofleeën iwwert d'Hëllefaktiounen vun der EU fir d'Migranten am Mëttelmier, eng Erklärung, déi méi aktuell net kéint sinn, mat deenen Dramen, déi mer an deene leschte Wochen erlebt hunn. An den Här Ausseminister huet direkt d'Wuert. Här Asselborn.

## 7. Déclaration de M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes, Ministre de l'Immigration et de l'Asile, sur l'Action de sauvetage de l'Union européenne dans le cadre de l'afflux de migrants en Méditerranée, suivie d'un débat

► **M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes, Ministre de l'Immigration et de l'Asile.** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, am Joer 2014 hunn 51 Milliounen Migrante weltwäit hiert Heemechtsland verlooss. Am beschte seet een: misse verloossen. Dat ass déi héchsten Zuel zënter dem Enn vum Zweete Weltkrich.

D'Route migratoire vu Libyen ass aktuell déi, déi vun de Migranten am meeschte benotzt gëtt. 2014 sinn 170.000 Migranten iwwert dese Wee an Europa komm. Zënter Januar vun deem Joer hunn, laut der UNHCR, 1.700 Migranten aus Afrika an och Länner aus dem Noen Osten, déi op der Flucht viru Krich, Gewalt, Aarmut an Hunger waren, hiert Liewen um Wee no der Sich fir en neit Liewen, e besert Liewe verluer.

D'Katastroph vum virleschte Weekend schreift sech an e Kontext vun enger ganzer Rei vun Onglëcker an, bekanntener an natierlech och

net bekanntener. D'Mëttelmier ass wéi e Kierfecht vum Migrant inconnu ginn. Dese Katastroph engegintzewierken, ass natierlech eng riseg Erausforderung fir eis all, besonnesch awer fir d'Europäesch Unioun an implizit natierlech och fir Lëtzebuerg.

De responsabele Kommissär fir Immigration, Dimitris Avramópoulos, huet den 20. Abrëll hei zu Lëtzebuerg een Zéngpunkteplang fir d'europäesch Immigrationspolitik virgeschloen. Dese Aktionsprogramm ass, wann Der wëllt, d'Basis an der Europäescher Unioun; och wann net, leider, all Memberstate vun der Europäescher Unioun dese Plang honnert Prozent deelen.

Et wier sécherlech falsch, ze behapten, dass Europa elo ganz eleng schëlleg ass un deser Tragédie, mä och Europa, och seng Memberstate hunn net alles richteg gemaach an de vergaangene Joren. D'Europäesch Unioun ass gefuerdert, wann et ëm d'Gestioun vun de Konsequenze geet. Schliisslech ass et, dat däréi een ni vergiessen, virun allem een europäesch Mier.

D'Rees vun de Migranten ass eng Streck vun alle méigleche Risiken. Dës Migrante sinn a ville Fäll ee Spillball vu politeschen an natierlechen Evenementer, déi exploitéiert gi vu kriminellen, vun terroristeschen, vu mafïöse Banden.

D'Gläichgültigkeet däréi natierlech net Tromp sinn. Duerfir musse mer gemeinsam Verantwortung iwwerhuelen. Eis europäesch Wäerter stinn um Spill. Et ass och a mengen Ae selbstverständlech, dass Lëtzebuerg, wat sech als Land an der Welt fir Rechtsstaatlechkeet, fir Demokratie, fir Mënscherechter asetzt, mat Mëttelen, déi eis zur Verfügung stinn, dozou bäidroe muss, eng kredibel a solidaresch europäesch Politik opzebauen.

Ech géif vläicht, Här President, sechs Punkten évoquéieren.

Deen éischten ass de Sauvetage. Absolutt Prioritéit! E schwéiere Summer steet virun eis am Mëttelmier, a mir musse bereet sinn, wann ech dat salopp däréi soen, eisen Tricot naass ze maachen. Et gëtt eng Rei Moossnamen, déi direkt d'Rettungsaktiounen betreffen. Déi zwou Operatiounen ënner Frontex-Koordinatioun ginn a kuerzer Zäit gestärkt. Déi Operatiounen, Dir wësst, se heeschen Triton fir Italien, Poseidon fir Griichenland. Dernieft mussen och d'EU-State selwer hiren nationalen Dispositif an hire respektive Sich- a Rettungszonen engagéieren.

Laut hirem Mandat ass Frontex do, fir de Memberstate ze hëllefen, d'Kontroll vun den Ausgrenzen ze koordinéieren. Mä no laangem politesche Gerangels ass et d'lescht Joer dozou komm, dass ee Règlement iwwert d'Règles maritimes fir Frontex-Missiounen adoptéiert gouf. D'Agence muss definitiv och derfir suergen, dass Mënscheliewe gerett ginn.

Triton huet, zënter dem 1. November 2014, 22.300 Mënscheliewe gerett. Dat ass proportionell awer ongeféier just d'Halschent vun deem, wat d'Mare Nostrum amstand war; wann ee wëllt eng Règle de tri maachen.

Aktuell sinn d'Mëttele vun der Operatioun Triton ze schwach, dat hunn déi lescht Wochen ëmmer erëm ënnerstrach. Finanziell gesi kascht d'Operatioun momentan een Drëttel vun deem, wat vun der italienescher Regierung am Mare Nostrum gefloss ass. Dat waren nämlech néng Milliounen Euro am Mount. Mir mussen duerfir mat alle méigleche Mëttelen der Agence et erlaben, méi aktiv, méi effikass ze ginn. D'Ënnerstëtzung ass méiglech duerch méi Personal an duerch méi effizient technesch Mëttelen.

Elo, wéi Der wësst, gi bei Triton a Poseidon d'Budgete verdräifacht. A Frontex ass schonn amgaangen, nei Equipementer an och Personal ze rekrutéieren. Domadder gëtt de Budget vu Mare Nostrum eigentlech dépasséiert.

Ganz ze fridden däréi een awer nach net sinn. D'Zone de patrouillage misst erweidert ginn, fir Mënscheliewen ze retten. Esou wéi et bei Mare Nostrum de Fall war, also bis un d'libesch Côte erun.

De Kampf géint kriminell Passeure muss direkt natierlech duerno kommen. Et gëtt gemengt, dass ee kéint duerch d'Zerstéierung vun de Booten an den Infrastrukture vun de Passeuren a Libyen een entscheidende Schrëtt maachen. Hei muss een a mengen Aen op jidde Fall virsiichteg sinn. Entweder brauch een eng Autorisatioun vun enger neier libescher Regierung oder et muss ee bei den UNO-Sécherheetsrot, fir een international Mandat ze kréien, wat net einfach ass a wat och net fir muer de Moien ass.

Et muss ee realistesch bleiwen, wat de méigleche Succès vun esou enger Initiativ ugeet. Verschidden Akteure gesinn als Alternativ zum Beispill d'Opkaf vum de Schëffer an der afrikanescher Nordküst. Mä wéi kéint dat

an esou engem onséchere Kontext wéi deem, deen a Libyen de Moment herrscht, de Fall sinn? Dat ass allerdéngs eng Fro, mengen ech, déi een net ka mat Jo beäntweren.

Aner Moossname schénge mer méi sënnvoll a méi realistesch. Esou sollen déi véier relevant europäesch Agencen Europol, Eurojust, Frontex an EASO eng wichteg Roll spillen, fir Informatiounen iwwert dës kriminell Passeuren ze sammeln. D'Agence sollen de Modus Operandi vun de Passeuren erausfannen, an et muss een och natierlech virun allem un hir Sue kommen.

Zweete Punkt, Här President: Mir mussen un der Stabilisatioun vu Libyen schaffen. Et kritt een déi dramatesch Migratiounsproblemer am Mëttelmier net an de Grëff, wann een d'Situatioun a Libyen net stabiliséiert kritt. A Libyen sinn zënter Méint all staatlech Strukturen, wann et der dann iwwerhaupt jeemoos goufen, zesummegebrach. Zwou Regierungen, zwee Parlamenten, eng Onmooss vu bewaffnete Gruppen, dorënner virun allem och Extremiste wéi déi vun Daech, maachen d'Situatioun komplett onstabill a bidden de Mënschenhändler, déi déi Schëffer meeschtens vun der libescher Küst aus fortschëcken, praktesch e liicht Spill.

D'Europäesch Unioun sicht no Weeër, ze hëllefen, d'Situatioun a Libyen an de Grëff ze kréien, an ënnerstëtzt virun allem d'Efforte vum UNO-Gesandte Bernardino Leon, dee probéiert, a Marokko, an Algerien déi zerstridde politesch Akteure vun Tobruk an déi, déi dergéint sinn, zesummen ze kréien, fir eng eenzeg Iwwergangsregierung, d'Union nationale ze bilden a fir een Usazpunkt ze hunn, d'Waffen zur Rou ze bréngen an d'Land erëm ze versichen, lues a lues opzebauen.

D'Europäesch Unioun hält sech och prett, dat hu mer als Ausseministeren décidéiert, déi Regierung, soubal se existéiert, ze ënnerstëtzen, och mat enger méiglecher Zivilmissioun, där hir Konturen de Moment nach net kloer sinn. D'Missioun, déi d'EU scho fir Libyen agest hat, déi als Mandat huet, bei der Gestioun vun de Grenzen ze hëllefen, EUBAM Libya, huet sech aus Sécherheetsgrënn missen an Tunesien zrëckzéien, mä kéint ganz schnell reaktivéiert ginn, soubal d'Situatioun et erlaabt.

Drëtte Punkt: d'Kooperatioun mat de concernéierte regionalen Organisatiounen an natierlech och mat den Drëttstaten. D'Entwicklungspolitik ass menger Meenung no dee wäertvollsten Outil, deen een huet, fir d'Aarmut ze bekämpfen an de Leit an där Onstabilitéit, wou se liewen op ville Plazen an Afrika, eng Perspektiv ze ginn. Et gëtt ouni Zweifel ee ganz staarke Lien tëscht Développement a Migration. Am September gëtt bekanntlech an der UNO zu New York een neien, méi breeden, nohaltenge Entwicklungskader adoptéiert, eng Zort Nofolger vun de Millenniumziler vum Développement, déi de Referenzkader waren, fir d'Aarmut während de leschte 15 Joer, also zënter 2000, ze bekämpfen.

Déi zukünfteg „Objectifs de développement durable“ mussen d'Wichtegkeet vun der Immigration mat abezéien. Europa huet sech aktiv ze engagéieren um globalen Niveau, fir dass all Aspekter vu Migration an déi Objektivier och kënne mat integréiert ginn. Eng allgemeng verstärkte politesch Zesummenaarbecht mat eisen afrikanesche Partner ass am Beräich vun der Migration absolut néideg. D'regional Partnerschaften mat afrikanesche Länner, d'Relatiounen mat der Afrikanescher Unioun, mä awer och mat der Arabescher Liga mussen ausgebaut ginn.

Dernieft musse virun allem Akzenter gesat ginn an de Beräicher Santé, Emploi, Educatioun a Capacité d'accueil, déi duerch Projekte vun Europa ënnerstëtzt ginn. Fir dass dës Länner och an hirer Entwicklung a puncto Immigration ënnerstëtzt ginn, si mer amgaangen, e sougenannten „Programme de protection et de développement régionaux“ opzestellen, deen eis erlaube soll, deene cibléierte Partner och eng konkret Hëllef unzibidden.

Vu wat fir Länner schwätze mer do? Bon, Dir kennt se. Mir musse fir d'Éischt mat der Türkei, mat Jordanien, mat dem Libanon an Ägypten eis zesummesetzen, fir d'Problematik vu Syrien a vum Irak ze beschwätzen; Länner, déi jo iwwer dräi Milliounen Flüchtlingen aus Syrien opgehall hunn. Dernieft musse mer d'Nopeschlänner vu Libyen ënnerstëtzen, dat heescht Tunesien, Ägypten, Sudan, Mali, Niger. D'Zil ass, fir op all Niveau d'Ursaache fir d'Migration irrégulière an de Kampf géint d'Passeuren aktiv unzegoen. An deem Kontext organiséiert d'Europäesch Unioun och während der Lëtzeburger Präsidence ee Sommet mat hiren afrikanesche Partner zu Malta.

Véierte Punkt: Mir mussen un de Méiglechkeete schaffen, fir de legalen Accès an Europa ze erméiglechen. D'Europäesch Kommissioun schafft un engem Projet pilote réinstallation. No Kritären, déi momentan nach ausgeschafft

ginn, gëtt eng gewëssen Zuel vu Leit, déi e Recht op eng Protektioun hunn, awer nach an Drëttstate festsëtzen, no enger Quotelogik an de Memberstate verdeelt. Zil ass et, dass all EU-Stat en do matmaachen an dass dann op desen Erfahrungs fir d'Zukunft kann opgebaut ginn.

Et ka sinn, dass mer als Lëtzebuerg an deem Beräich nach méi maache musse wéi bis elo. D'Regierung engagéiert sech op jidde Fall, dese Projet pilote während eiser Präsidence widerzedreiwen. Déi kloer Wieder vum Kommissiounspräsident Juncker am Europaparlament zu Stroossbuerg de Muere si richteg a si wichteg, jiddefalls politesch. Och wa mer musse wëssen, dass et juristesche dierft schwéier sinn, déi Länner, déi retizent sinn, ze forcéieren.

Europa muss och eng Migration légale iwwerdenken. Europa brauch Migration. Gëschter ass den demografesche Problem vun Däitschland zum Beispill ervirgestrach ginn. Als Beispill: Bis 2060 verléiert Däitschland 13 Milliounen Leit. Eleng d'Migration kann do géigesteieren. Insgesamt brauche mer eng besser Integratioun, fir d'sozial Kohäsion och ze garantéieren. D'Carte bleue européenne muss iwwerschaft ginn a méi breet vläicht gemaach ginn. Déi Carte bleue fonctionnéiert momentan just gutt an Däitschland an zu Lëtzebuerg. Während eiser Präsidence musse mer Fortschreitter maachen an de Verhandlungen vun der Direktiv chercheurs Studenten.

A schlussendlech muss och de Visa-Kodex erneiert ginn a Richtung vu méi rapiden an och vereinfachte Prozeduren. D'Afëiere vun engem Visa humanitaire wär net oninteressant. Dat géif den Demandeurs d'asile erméiglechen, legal an Europa ze kommen, ouni sech mussen op eng geféierlech Rees anzeloossen. Frankräich huet do ganz gutt Erfahrung gemaach, mä aner Memberstate, dat ass esou, sinn net iwwerzeegt dovun a si ganz retizent.

Fënnefte Punkt: Wat maache mer fir d'Solidaritéit an der Europäescher Unioun? Net nëmme mat den Drëttstate muss zesummege schafft ginn, mä mir brauchen och eng Verstärkung vun der Solidaritéit a vun der interner Verantwortung um europäeschen Niveau. Mir kënnen an dierfen déi südlech Länner net eleng loosse, mä och net déi, déi de Gros vun de Migranten an den Asyldemandé kréien.

Fir dës Solidaritéit a Verantwortung ze erreechen, brauche mer ee Plan d'urgence am Kader vun der Relokalisatioun vun engem Memberstat an deen aneren, fir déi staark be-traffe Länner ze entlaaschten, an dést op enger fräiwëlleger Basis. Nëmme duerch esou Mechanismen ass och eng méi solidaresch Opdeelung méiglech. D'UNHCR wëllt sech fir dese Plan d'action d'urgence och engagéieren.

Mir brauchen eng Revisioun vun Dublin, wou d'Europäesch Kommissioun eng Evaluatioun Enn 2015 oder ufanks 2016 wäert lancéieren. Mir brauchen eng méi seriö finanziell Ënnerstëtzung fir déi be-traffe Länner. Do stellt d'Fro sech, wéi ee ka Gebrauch maachen och vun de strukturelle Fongen, zousätzlech zum aktuellen AMIF-Fong (Asylum and Migration Fund).

Sechste Punkt da schliisslech: de Lëtzeburger Engagement, Här President, an eis Roll am Kader vun der Präsidence, déi elo kënnt. Mir schaffen de Moment u folgende Punkten:

Éischstens, d'Verstärkung vun eise Engagement duerch Personal vun der Direction de l'immigration an och d'Personal vun der Police bei der Missioun Triton;

zweetens, d'Bereetstelle vun technesche Mëttelen fir d'Ënnerstëtzung vun der Missioun Triton, zum Beispill Fligereen oder Iwwerwaachung duerch Satellittsystemer, wéi mer dat jo och gemaach hu während Joren a Somalien, op de Seychellen a Saache Piraterie bei Atalanta;

drëttens, eng bilateral finanziell Ënnerstëtzung fir déi héich be-traffe Memberstate oder fir privat humanitär Organisatiounen och;

véiertens, een Engagement an engem Programme de protection de développement régional fir zum Beispill d'Corne vun Afrika;

a fënneftens, eng Verstärkung vun eiser Aktivitéit, wat d'Reinstallatioun betrëfft, wéi och natierlech - an do musse mer alleguete mathëllefen, net nëmme déi Leit heibannen, och déi dobaussen - vun eise Capacités d'accueil.

An deenen nächsten Deeg misst d'Kommissioun mat eise lëttesche Kolleegen eng Feuille de route ausschaffen. Dir wësst, Lettland huet d'Präsidence. Dës Feuille de route soll d'Aarbechten à court terme virbereeden. D'Kommissioun presentéiert dann den 13. Mee hiren Agenda sur la migration, deen eng kuerz-, eng mëttel- an eng laangfristeg Visioun soll virstellen. Et kann een ouni Zweifel soen oder dovunner ausgoen, dass mer dat als Präsidence wäerten ugoen, souwuel an der Filière JAI wéi och an der Filière selbstverständlech vun den Ausseministeren.